

# INFO BLAT

°06 17

Den analytesche Bericht vun der Stad Déifferdeng

## GEMENGEROTSSËTZUNG VUM 13. DEZEMBER 2017




L'AUDIO DES SÉANCES DU CONSEIL COMMUNAL EST DISPONIBLE SUR WWW.DIFFERDANGE.LU.

# INFO BLAT 06.17


COMPTE-RENDU DU DD MM YYYY

4-36

ETAT CIVIL

37-38



**ÉDITEUR** Administration communale de la Ville de Differdange, B.P. 12, L-4501 Differdange
Tél.: 58 77 1-11 | F. 58 77 1-1210 | www.differdange.lu | mail@differdange.lu

**RÉALISATION** Service média et communication

**IMPRIMEUR** Imprimerie Heintz, Pétange

**TIRAGE** 10 000 exemplaires

© **PHOTOS** Couverture: Claude Piscitelli

**INFOBLAT**, imprimé sur du papier 100 % recyclé
L'Infoblat est distribué gratuitement à tous les ménages de la commune de Differdange.

**ÉDITION** 06/2017, ISSN: 1561-7262, titre clé: Informatiounsblat

**f** Ville de Differdange

# SÉANCE DU CONSEIL COMMUNAL DU MERCREDI 13 DÉCEMBRE 2017

## CONSEILLERS PRÉSENTS

Roberto Traversini, bourgmestre (déi gréng)
Tom Ulveling, 1er échevin (CSV)
Georges Liesch, échevin (déi gréng)
Laura Pregno, échevine (déi gréng)
Robert Mangen, échevin (CSV)
Paulo Aguiar (déi gréng)
Guy Altmeisch (LSAP)
Fred Bertinelli (LSAP)
Christiane Brassel-Rausch (déi gréng)
Gary Diderich (déi Lénk)
Serge Goffinet (LSAP)
Jerry Hartung (CSV)
François Meisch (DP)
Erny Muller (LSAP)
Yvonne Richartz-Nilles (déi gréng)
Ali Ruckert (KPL)
Christiane Saeul (DP)
Fränz Schwachtgen (déi gréng)
Guy Tempels (CSV)

## ORDRE DU JOUR

### SÉANCE PUBLIQUE

1. **Communications du collège des bourgmestres et échevins.**
2. **Tableau de préséance du conseil communal — rectification.**
3. **Motion en relation avec le projet «Décharges Aleweier – Cloos/ArcelorMittal» situé sur le territoire des communes de Differdange et Sanem.**
4. **Plan d'aménagement général et projets d'aménagement particuliers: modification ponctuelle du PAG au lieudit «Vor kurzen Hecken» à Niederkorn – vote du conseil communal suivant article 14 de la loi modifiée du 19 juillet 2004 concernant l'aménagement communal et le développement urbain.**
5. **Actes et conventions:**
   a) Acte de vente de deux terrains d'une superficie totale de 36,92 a au lieudit «Auf dem Breiten Wois» à Niederkorn;
   b) Cession gratuite de 12 ca au lieudit «Rue Xavier Brasseur» à Differdange;
   c) Contrat de bail au 1535° creative hub;
   d) Contrats de bail aux lieudits «Avenue du Parc des Sports» et «Um Biergwee».
6. **Personnel communal: créations de postes au sein de l'organigramme.**
7. **Office social: désignation d'un membre au sein du conseil d'administration.**
8. **Règlements communaux:**
   a) Adaptation des indemnités des chargés de cours de langues;
   b) Règlements temporaires de circulation.
9. **Nomination des délégués représentant la Ville de Differdange au sein du Klimabündnis Lëtzebuerg.**
10. **Commissions consultatives: désignation de membres non politiques à la commission d'intégration.**

**ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)** *ouvre la séance et annonce deux communications. Il cède la parole à M. Muller.*

**ERNY MULLER (LSAP)** *explique que le point 3 de l'ordre du jour portant sur les décharges Aleweier-Cloos avait été annoncé comme une motion. Cependant, les socialistes n'ont reçu cette motion qu'hier soir. Entretemps, il n'est plus question de motion, mais d'opposition formelle portant sur l'exécution du projet.*
*S'il s'agissait d'une motion, les socialistes ne pourraient pas l'approuver. En revanche, ils se rallieraient probablement à une opposition formelle.*
*Erny Muller demande pourquoi la motion a été transformée en opposition formelle.*

**ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)** *répond que le collège échevinal fera tout pour que les décharges ne soient pas aménagées. C'est pourquoi la motion a été remplacée par une opposition formelle.*
*Le bourgmestre propose de passer aux communications et de revenir ensuite sur ce point. En tout cas, la commune doit se défendre.*

**ERNY MULLER (LSAP)** *demande si le collège échevinal n'aurait pas pu modifier le point pour que ce ne soit plus une motion.*
*(Discussions)*

**ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)** *constate que tout le monde semble d'accord.*
*Il passe aux communications. Le collège échevinal souhaite lancer un appel pour ouvrir les commissions consultatives aux citoyens. Roberto Traversini espère qu'il y aura de nombreux candidats comme cela a été le cas pour la commission de l'intégration la semaine dernière. S'il devait y en avoir trop, le collège échevinal a décidé de procéder à un tirage au sort.*

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Mir géife mat eiser Sëtzung ufänken. Merci, datt der all hei sidd. Mir hunn zwou Kommunikatiounen ze maachen.

Den Här Muller huet eng Fro zum Ordre du jour. Här Muller, Dir hutt d'Wuert.

**ERNY MULLER (LSAP):**

Här Buergermeeschter, mir hunn eng Fro als LSAP betreffend de Punkt 3 vun dëser Sëtzung, deen als Motioun annoncéiert war, betreffend d'Décharges Aleweier-Cloos a Relatioun mat deem Projet.

Als Partei a Fraktioun hu mir domadder Problemer, well mer déi Motioun am Fong net virleien hate bis gëschter Owend spéit, wou mer op eemol entdeckt hunn, dass eng Mail ukomm ass. Do hu mer awer gesinn, dass dat net méi grad esou als Motioun gehandhaabt géif ginn, mä dass do eng Opposition formelle géif gemaach gi géint dee Projet. Dat heescht, d'Manéier wéi de Projet elo soll exekutéiert ginn. Also net wéi et an der Endphas soll ausgesinn, mä zum aktuellen Zäitpunkt.

Wa mir elo eng Motioun hätte misse stëmmen, hätte mir dat net kënne maachen. Dofir wollt ech d'Propositioun maachen, fir déi Ofstëmmung an d'Diskussiounen ze entkoppelen. Mä wann et awer eng Opposition formelle ass, kënne mer eis do ralliéieren.

Ech schwätzen elo vläicht net fir eis véier Leit, well mir net geduecht haten, dass dat elo géif esou an deem Sënn änneren. Meng Fro: Ass et elo eng Opposition formelle? A wa jo, firwat ass et eng Opposition formelle a keng Motioun méi?

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Merci. Fir eis ass et kloer, datt mer alles sollen dru setzen, fir datt dat net geschitt. Mir wëllen en Zeeche setzen. Dofir si mer vun der Motioun erofkomm an hu gesot, datt mer absolutt net wëllen, datt dat zu Déifferdeng kënnt. Dofir ass et eng Opposition formelle ginn. Mir wëllen dat wierklech net.

Mä kommt, mir diskutéieren iwwert dee Punkt. Mir maachen eis Kommunikatiounen nach an da schwätze mer driwwer. Dee Punkt bleift natierlech um Ordre du jour. Mir fannen, dass mir eis do musse wieren.

**SCHÄFFEN ERNY MULLER (LSAP):**

Hätt Der de Punkt dann net kënnen änneren, dass et keng Motioun méi ass?

(Diskussiounen)

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Neen.

**SCHÄFFEN ERNY MULLER (LSAP):**

Ass et dat, wat Der wollt soen?

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Jo, dat ass kee Problem.

(Diskussiounen)

Mir sinn eis wahrscheinlech all eens. Da wäerte mer dann herno gesinn, ob et esou ass. Ass jiddwereen domat averstanen?

Zu de Kommunikatiounen. Déi éischt Kommunikatioun ass, datt mer wëllen en Opruff maache fir eis consultativ Kommissioune fir d'Bierger an d'Biergerinnen opzemaachen. Herno kucke mer wéi mer den Tri maachen. Mir hoffen op alle Fall, datt sech net ze vill Parteileit mellen, mä datt sech wierklech Leit melle souwéi an der Integratiounskommissioun d'lescht Woch, wou vill Leit komm sinn. Mir haten en Opruff gemaach. Dat war wierklech eng flott Diskussioun ginn.

Mir sinn der Meenung, datt een och d'Kommissioune soll fir d'Bierger an d'Biergerinnen opmaachen. A wa sech schrecklech vill Leit melle géifen, si mir als Schäfferot der Meenung, datt d'Lous gezu gëtt, datt mer keng Kommissioune

vun 20 bis 25 Leit kréien. Mä kommt, mer waarden emol of, wivill Bierger a Biergerinne sech iwwerhaapt mellen. Da kucke mer, wéi mer dat uginn. Mä dëst ass op alle Fall en Opruff fir all déi Leit, déi wëlle matschwätzen. Dofir hu mer geduecht, eis Kommissiounen opzemaachen, wéi dat och an eisem Koalitiounsprogramm steet.

Här Ulveling, Dir hutt och nach eng Matdeelung ze maachen.

### SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Dir Dammen, Dir Hären. Ech wëll iech just soen, dass ech de Bilan culturel net an der nächster Sitzung wäert presentéieren, mä wahrscheinlech eréischt e Mount méi spéit. An dat dowéinst, well eise Mataarbechter krank ass, deen dat ëmmer super gemaach huet. Mir sollten deen dat och weiderhi maache loossen. Ech wollt iech dat just als Informatioun ginn. Da wësst der dat.

Merci.

### BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Merci och.

Da géife mer zum zweete Punkt kommen, eppes wat mer scho fir d'zweete Kéier um Ordre du jour hunn. Dat ass eisen Tableau de préséances.

Et ass engem héije Fonctionnaire opgefall, datt et net richteg wier, wéi mir et maache géifen.

Mir streiden net doriwwer mam Ministère. Mir huelen dat esou un, wéi hien et fir richteg hält.

Mir hu scho Joerzéngte gemengt, et géif no der Vereedegung gekuckt ginn, wéini ee vereedegt ginn ass. An duerno géif den Tableau opgesat ginn. An hien ass der Meenung, datt misst no de Stëmme gekuckt ginn, wéini ee gestëmmt ginn ass an net no der Vereedegung. Mir sinn domat d'accord. An ech hoffen, datt dir deem och zoustëmmt.

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver le tableau de préséance du conseil communal.*

Da géife mer zum drëtte Punkt kommen, deen am Fong geholl keng Motioun méi ass, mä eng Opposition formelle. Inhaltlech huet sech net vill geännert.

Mir wëllen hei e staarkt Zeeche setzen, datt et hei zu Déifferdeng mat deenen Deponien duergeet. Mir wëssen, wat am Ronnebierg geschitt ass. Mir wëssen, wat do alles gelagert ginn ass. Mir hunn eng Décharge historique op ArcelorMittal, wou mer och wëssen, wat do ass. Elo soll nach eng weider kommen. Mir als Gemeng mussen e ganz staarkt Zeeche setzen, datt dat op kee Fall méi ka sinn op eisem Territoire.

Dofir géif ech elo mol dem Här Liesch d'Wuert ginn. Mir hunn eisen Expert matbruecht, den Här Mersch. Merci, datt Der esou fréi op Déifferdeng komme konnt. Ech hunn héieren, et wär net esou einfach gewiescht, op Déifferdeng ze kommen. Et ass eis wichteg, Explikatioune vun engem Expert ze kréien. Do gesitt der, wéi eescht mer dat heiten huelen, datt mer eis direkt mat Experten entouréiert hunn.

Här Liesch, Dir hutt d'Wuert.

### SCHÄFFE GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Buergermeeschter. Deen Dossier ass e bësse quokeleg. Virun e puer Wochen hu mer deen Dossier an eng Invitatioun kritt gehat fir op eng Scoping-Reunioun – dat ass am Fong eng Reunioun, wou all betraffen Acteure ronderëm e Projet geruff ginn, fir do kënnen hir Froen an hir Bedenken zu engem Projet eranzeginn.

An deem Stadium hate mer schonn direkt Kontakt opgeholl mat der Suessemer Gemeng, well dës Deponie sech och zum Deel op Suessemer Terrain befënnt. Déi zwou Gemengen hunn hei zesummegeschafft. Mir waren eis direkt eens, dass deen heiten Dossier zimlech komplex wier, woufir mer den Dokter Jacques Mersch beoptraagt hunn, eis

*Le bourgmestre propose d'attendre et voir combien de candidatures il y aura.*

**TOM ULVELING (CSV)** *annonce qu'il ne présentera pas le bilan culturel lors de la prochaine séance, mais le mois suivant. En effet, le collaborateur qui se chargeait du bilan est malade.*

**ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)** *passe au tableau de préséance, dont il a déjà été question la dernière fois. En effet, un haut fonctionnaire a remarqué que la procédure n'était pas correcte. Depuis des décennies, le tableau était réalisé sur base de la date d'assermentation. Mais en fait, c'est la date de l'élection qui compte.*
*(Vote)*
*Roberto Traversini passe au point 3, qui n'est donc plus une motion, mais une opposition formelle. Le contenu n'a pratiquement pas évolué.*
*Le collège échevinal veut dire clairement qu'il en a assez des décharges à Differdange. Tout le monde sait ce qui s'est passé au Ronnebierg. Roberto Traversini mentionne aussi la décharge historique d'ArcelorMittal. La Ville de Differdange doit dire que cela suffit.*
*Le collège échevinal a invité un expert, M. Mersch. Il le remercie d'être venu à Differdange. Apparemment, cela n'a pas été facile. Mais pour le conseil communal, il est important d'entendre l'avis d'un expert. S'entourer d'experts démontre que le collège échevinal est sérieux dans sa démarche.*

**GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG)** *ajoute que ce dossier est épineux. Il y a quelques semaines, le collège échevinal a été invité à une réunion de «scoping» où toutes les parties concernées ont pu poser leurs questions et exprimer leurs inquiétudes. La Ville de Differdange a aussi pris contact avec la commune de Sanem, car la décharge se situera en partie sur son territoire. Comme le dossier est complexe, le collège échevinal a aussi demandé l'aide du docteur Jacques Mersch.*
*Il a ensuite envoyé un catalogue de questions, mais n'a pas reçu les réponses espérées. En fait, le collège*

*échevinal a reçu un vaste document dans lequel il aurait dû rechercher lui-même les réponses en à peine quelques jours. Finalement, l'État a accordé un jour supplémentaire à la commune, mais c'était peu.*
*Georges Liesch profite de l'occasion pour remercier M. Mersch, qui est parvenu en peu de temps à rassembler les thèmes importants et à les rendre plus facilement accessibles.*
*Le collège échevinal a finalement constaté ce que contenait le dossier, ce qu'il ne contenait pas et ce qui devait être clarifié et a décidé de ne pas attendre les résultats de la réunion de «scoping» et la décision que finirait par prendre le gouvernement.*
*Le conseil communal dispose d'un dossier dont Georges Liesch va présenter les points importants avant de céder la parole à M. Mersch. En tout cas, le collège échevinal ne veut pas de ce projet à Differdange.*
*Georges Liesch rappelle que le commodo de la décharge historique d'ArcelorMittal ne prévoit pas de date finale. Cette décharge a finalement été transformée en décharge multifonctionnelle contenant entre autres des produits toxiques. À aucun moment, des précautions n'ont été prises au sujet de l'environnement. Dans la forme, elle est donc tout à fait comparable à la décharge du Ronnebierg.*
*Il y a plusieurs années, il avait été prévu d'étancher la décharge avec de la terre glaise — comme au Ronnebierg — pour éviter que l'eau ne s'infiltre. À l'époque, la Ville de Differdange avait accepté ce compromis, car la qualité de l'eau d'infiltration du Ronnebierg s'améliore petit à petit.*
*Malheureusement, ce nouveau projet remet tout en question. En effet, si l'on déverse 54 m de déchets pendant 40 ans, il ne sera plus possible d'étancher la décharge à moins qu'un jour, peut-être, les techniques d'assainissement ne progressent. Georges Liesch rappelle que le devis porte sur quarante ans.*
*Il souligne ensuite que l'eau de la Kalekerbaach s'écoulant dans la Chiers n'est pas propre à cause des eaux usées de la décharge historique. La nouvelle décharge risque de dégrader fortement la nappe*

an dësem Dossier ze begleeden, fir eng technesch Analys ze maachen.

Mir hunn doropshin e Froekatalog ausgeschafft. Deen hu mer dunn deposéiert. Mir kruten en Dokument zeréck, mä leider net an där Form, wéi mer eis dat erwaart haten. Nämlech, dass ee gesot hätt, hei ass är Fro an hei ass eis Äntwert dorobber. Mir hunn am Fong e relativ vast Dokument zréckkritt, wou erëm eng Kéier ganz vill Text steet, wou ee sech also hätt misse seng Äntwerten op seng Froen zesummesichen. Vläicht op der Säit 4 e Stéck an op der Säit 87 vläicht nach e Stéck. A verschidde Froe vläicht iwwerhaapt net. An dat, an engem ganz kuerzen Zäitraum vu just e puer Deeg, wou mer Zäit haten, fir dorobber ze reagéieren.

Mir hunn dat beanstant bei den Autoritéite vum Stat a gesot, dass dat an deem kuerzen Zäitraum net ze maache wär. Mir haten dunn en Opschub kritt vun engem Dag. Wat net schrecklech vill war.

Dofir nach eng Kéier e ganz grousse Merci un de Jacques Mersch, deen et fäerdeg bruecht huet, an där ganz kuerzer Zäit zumindest all déi Themen, déi ganz wichteg sinn, an dësem Dossier erauszeliesen an dat fir eis esou opzebereeden, dass et lieserlech ass.

Doropshin, wéi mer gemierkt hunn, wat alles do drasteet respektiv, wat net drasteet a wat nach ëmmer net kloer ass, hu mer decidéiert, dass mer dësen Dossier esou net kéinte lafe loossen. An dass mer méi staark misste virgoen, wéi just ofwaarde bis déi Scoping-Reunioun zu engem Resultat géif kommen oder iergendwann eng Kéier Säitens vun der Regierung vläicht eng Decisioun géif geholl ginn, déi eis als Déifferdenger a Suessemer Gemeng da wahrscheinlech net gefall hätt.

Dir hutt den Text virleien. Ech wollt iech e puer Highlighten aus dem Text virstellen, ier dann de Jacques Mersch op den Dossier ageet, deen iech och virläit, wou déi eenzel Punkte méi detailléiert erkläert sinn, firwat mer eis formellement géint dëse Projet opposéieren a firwat mer deen op kee Fall hei wëllen.

Deen éischte Punkt ass jiddwerengem kloer. Um Site vun ArcelorMittal, wou déi Décharge historique ass, déi viru Joren decidéiert ginn ass, besteet ee Manktem. An zwar deen, dass am Kommodo keng Date finale vun dëser Décharge historique festgehale ginn ass. Dat hat eis deemools schonn net gefall. Dat gefält eis och haut nach net. Vläicht ass awer haut méi kloer, firwat dass deemools keng Date finale an deem Dossier dra war.

Déi Décharge historique soll also elo ëmgewandelt ginn an eng multifunktionell Decharge, wou op dës Décharge historique, wou ganz vill Gëftstoffer dra leien, nach Saachen opgetiermt solle ginn. Net nëmmen eppes, mä e ganze Koup Saachen.

Et muss ee wëssen, datt déi Décharge historique, well se jo och esou heescht, déi Zäit gemaach ginn ass ouni iergendwellech Precautiounen, wat d'Ëmwelt ugeet. Déi ass no ënnen net ofgedicht. Et ass also ganz gutt de Verglach ze maache mat der Deponie Ronnebierg, déi ganz ähnlech gebaut ginn ass.

Deemools, viru Joren, wou mer um Site waren, ass gesot ginn: Wann déi Décharge historique fäerdeg ass, gëtt se zougemaach mat engem Leemdeckel. Dass een en ähnleche Prinzip hätt wéi de Ronnebierg. Wann da kee Sickerwaasser méi vun uewe kéim, hätt een dat iergendwann e wéineg am Grëff.

Dat war e Kompromëss, wou mer gesot haten, dat kënne mer nach akzeptéieren. Vu och d'Resultater vum Ronnebierg, wou mer all Joer gesinn, dass d'Sickerwaasser awer an der Qualitéit ëmmer erëm zougeholl a sech verbessert hat.

Mat dësem Projet gëtt dat alles iwwer Bord gehäit. Wa mer elo nach 40 Joer laang en Tuerm optippe vun iwwer 54 Meter, ass eng Ofdichtung herno iwwerhaapt net méi méiglech. Wahrscheinlech ni méi méiglech. Vläicht iergendwann eng Kéier, wann d'Technik et erlaabt, ze sanéieren. Et gëtt also wierklech en Terrain kontaminéiert op Joerzéngten, wou eigentlech soss näischt méi méiglech ass.

Den Devis vun dëser Deponie géif sech op 40 Joer belafen.

Mir hunn haut schonn e Problem, dee mer feststellen an der Kalekerbaach.

De Jacques Mersch geet méi am Detail drop an. Mir wësse scho säit e puer Joer, dass d'Situatioun vun der Kalekerbaach net ganz glécklech ass. Dat Waasser, dat do erausleeft an d'Chiers ass alles aneschters wéi propper. Bedéngt eben duerch d'Ofwaasser vun der Décharge historique. Mir fäerten, dass mat dëser Deponie, wou nieft Inertstoffen, och Gëftstoffer sollen hikommen, d'Grondwaasser an och d'Kalekerbaach nach méi dramatesch verschlechtert gëtt, wéi et haut schonn de Fall ass.

Eng ganz Partie Saachen, wou de Jacques Mersch och drop ageet, sinn iwwerhaapt net consideréiert ginn. Et si weder Etüde gemaach ginn, wat de Kaméidi ugeet nach wat de Stëbs ugeet. Alles dat ass an dësem Dossier net erëmzefannen.

Si hu Buedemanalyse gemaach. Déi datéiere vu virun zéng bis zwanzeg Joer. A mir wësse jo, dass op deem Terrain net einfach just Wiss war während deene leschten zwanzeg Joer, mä eng industriell Aktivitéit. Soudass mer net gleewen, dass no zéng bis zwanzeg Joer, déi Wäerter nach ëmmer genau d'selwecht solle si wéi deemools. Domadder ass d'Basis vun dësem Dokument fir eis esou net an der Rei.

Zum Tuerm selwer. Mir befannen eis hei op engem Terrain vun enger Fläch vun ongeféier 320 Meter. Wann der op der Kaart de Geoportail kuckt, gesitt der, dass et op engem Terrain läit vum Grond hier vun 320 Meter. Hir Projektioun ass, e 54 Meter héije Bierg opzetippen. Wa mer déi 54 Meter dobäi rechnen, komme mer op 375 Meter. Dir kennt alleguerten de Süde ganz gutt. Mir hunn den Zolwerknapp an de Lëtschet. Da géife mer eigentlech knapp do drënner leie mat 396 Meter. Mir géifen also an der Gemeng en drëtten Zeugenberg schafen. Allerdéngs een, deen net esou schéi wär wéi den Zolwerknapp oder de Lëtschet, mä dee just aus Müll an aus Gëftstoffer géif bestoen. Dat ass e Punkt, deen eis natierlech absolutt net gefält.

Och ass an dësem Dossier net no Alternative gesicht ginn. Dat verlaangt eigentlech awer eng Scoping-Reunioun an och esou e Projet wéi dat hei, dass ee muss weisen, dass de Site keng aner Alternativen zouléisst. Dass fir déi Stoffer, déi hei sollen deposéiert ginn, keen anere Site ze fannen ass. Déi Méi hu se sech net gemaach. Hei ass éischter eng Solution de facilité fonnt ginn. Hei hu sech der wahrscheinlech zwee fonnt, déi no beienee sinn, fir kënne Business ze maachen.

Wat eis ganz schleierhaft ass a wat och net beäntwert ginn ass, ass d'Provenance vun deene Stoffer. Natierlech läit et op der Hand, dass déi Gëftstoffer, déi do gelagert ginn, zum Deel aus de Wierker vun ArcelorMittal Déifferdeng kommen. Do kann een da soen, datt d'Proximitéit dat ergëtt. Mä mir kënnen eis awer net virstellen, dass dat exklusiv nëmme vum Déifferdenger Wierk kënnt. Et gëtt nach aner Wierker ronderëm a Lëtzebuerg. Dat sinn der zwar net méi esou vill.

Eise Verdacht besteet, dass Gëftstoffer aus dem Ausland heihinner transportéiert ginn. An et geet drëms, dat ze vermeiden. Jiddefalls geet aus dem Dossier net kloer ervir, dass dat net de Fall wär. D'Provenance vun deene Gëftstoffer ass am Dossier net positiv beäntwert ginn.

Et gëtt also eng ganz Partie Punkten an dësem Dossier, firwat mer decidéiert hunn, dem Gemengerot de Moien eng Opposition formelle ze presentéieren. A fir iech d'Envergure vun deem Dossier ze weisen.

Et ginn och keng kumulativ Effekter an dësem Dossier ënnersicht. Dat heescht: Wat huet Déifferdeng? Si kucken de Projet, wéi wann Déifferdeng op der gréнger Wiss wär an elo kënnt dee Projet heihinner an da kéint ee soen: De Kaméidi ass net dramatesch vill. D'Stëbsbelaaschtung ass net dramatesch vill.

Mä mir wëssen awer alleguer, mir wunnen net hei op der gréнger Wiss. Mir wunnen an enger industrieller Stad. A Gott sei Dank, well et ass dat, wat Déifferdeng ausméchtt. Mä et muss een awer bei all Betrib, deen op Déifferdeng kënnt, trotzdeem kucken, wat déi aktuell Situatioun ass a wat dat zousätzlech bedeit. Dat ass an dësem Dossier absolutt net gemaach ginn. Quasi a kenge vun de Beräicher ass gekuckt ginn, wat elo kumulativ zu deem kënnt, wat zu Déifferdeng schonn existéiert.

*phréatique et l'eau de la Kalekerbaach.*
*En plus, aucune étude portant sur les nuisances sonores ou la poussière n'a été réalisée. Les analyses du sol remontent à dix ou vingt ans. Or à cause de l'activité industrielle, il est improbable que les valeurs soient les mêmes qu'à l'époque.*
*Le site se trouve à une hauteur de 320 m. D'après les projections, 54 m de déchets vont y être déversés. En tout, la décharge aura donc une hauteur de 375 m. Elle serait donc presque aussi haute que le Zolwerknapp ou Lëtschet et elle serait composée exclusivement d'ordures et de substances toxiques.*
*Personne n'a cherché d'alternatives alors qu'une réunion de «scoping» le prévoit pourtant. Georges Liesch parle d'une solution de facilité choisie par deux partenaires souhaitant faire des affaires ensemble.*
*La provenance des déchets reste mystérieuse. Il semble évident qu'une partie des produits toxiques proviendra d'ArcelorMittal. Mais le collège échevinal ne peut pas s'imaginer que tout provienne de l'usine de Differdange. Après tout, il reste des usines autour du Luxembourg et le collège échevinal ne veut pas de déchets de l'étranger. Aucune réponse n'a été donnée à cette question.*
*Le collège échevinal a donc décidé de présenter une opposition formelle pour diverses raisons. Georges Liesch mentionne notamment les effets cumulés. Si Differdange se trouvait dans une prairie verte, on pourrait dire que les nuisances sonores et la poussière ne seraient pas dramatiques. Mais Differdange est une ville industrielle. Certes, elle en est fière, mais il s'agit de ne pas empirer la situation. Or le dossier ne tient absolument pas compte de ce qui existe déjà à Differdange et donc des effets cumulés.*
*Par ailleurs, il ne faut pas oublier que 54 m représentent une vraie montagne de déchets. Or le dossier ne mentionne pas les conséquences microclimatiques.*

*Le vent souffle souvent en direction des maisons et le dossier n'apporte aucune réponse à cette question.*
*M. Mersch va fournir davantage de détails ainsi que des données techniques et chimiques. Georges Liesch espère que le conseil communal comprendra l'urgence de la situation.*

**ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)** *revient sur les propos de M. Muller. Il est vrai que le dossier des conseillers communaux ne contenait pas la motion, mais il contenait quarante pages sur la question. M. Muller ne peut donc pas dire qu'il est surpris. Le collège échevinal a travaillé avec M. Mersch jusqu'au dernier moment pour préparer l'opposition formelle. Mais il est faux de prétendre que les conseillers communaux ne disposaient pas d'informations.*
*Roberto Traversini cède la parole au docteur Mersch.*

**JACQUES MERSCH** *remercie le bourgmestre pour l'invitation.*
*Il explique que la société Cloos a remis un dossier à l'Administration de l'environnement. Celle-ci a alors organisé un «scoping».*
*Les communes de Differdange et Sanem ont reçu un dossier de soixante pages. L'évaluation a été réalisée en collaboration avec les services écologiques des deux villes.*
*Le dossier prévoit la création de 2 nouvelles décharges sur 26 ha: une décharge inerte de 6,7 $m^3$ et une décharge de sous-produits, c'est-à-dire des déchets industriels de l'industrie de l'acier, de 2,7 $m^3$. La décharge inerte aura une durée de vie de dix ans et la décharge industrielle de quarante ans.*
*Jacques Mersch souhaite revenir sur 18 points.*
*Tout d'abord, il faut voir le site dans sa globalité. On ne peut pas aménager une nouvelle décharge sans disposer d'un concept d'assainissement pour toute la surface de cent hectares. Or l'Administration rejette ce point, qui n'aurait rien à voir avec le dossier. Pourtant, il est essentiel.*
*Ensuite, il est en fait question de cinq décharges: Gadderscheier, Aleweier, la décharge historique, la décharge inerte et la décharge*

E weidere Beräich, deen eis och guer net beäntwert ginn ass: Dee Bierg, deen do soll entstoe vu 54 Meter, ass jo kee klengen Hiwwel. Dat ass scho relativ héich. Den Dossier mécht keng Aussoen iwwert déi mikroklimatesch Auswierkunge vun deene Wäerter. De Wand wäert natierlech dozou bäidroen, deen awer oft a Richtung vun de Kamäiner vun Déifferdeng bléist… Op jidde Fall kann ee sech hei alles virstellen, well den Dossier keng Äntwert op déi dote Saach gëtt.

Fir den Detail, géif ech dem Här Jacques Mersch d'Wuert ginn, fir dass hien iech déi eenzel Punkten, déi hien ausgeschafft huet, kann erklären. A fir iech déi méi technesch oder chemesch Donnéeën ze liwweren, déi der nach braucht.

Mä ech hoffen, dass der verstanen hutt, firwat mer dësen Dossier d'urgence op den Ordre du jour gesat hunn. Eis war et drëm gaangen, fir keng Zäit ze verléieren a schnell ze handelen.

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Liesch. Ech wëll präziséieren – vläicht ass dat net esou eriwwerkomm, Här Muller –, datt am Dossier d'Motioun net bäi louch, mä dofir awer déi 40 Säiten, ëm déi et hei geet. Et ass net esou, datt Der haut oder gëschter iwwerrascht gi wäert an net gewosst hätt, ëm wat et géif goen. Déi 40 Säite lounge bäi.

Mir hunn eis wierklech bis dee leschte Moment mam Här Mersch zesummegesat, fir eng propper Opposition formelle opzesetzen. Et ass net esou, dass dat net falsch verstane gëtt, datt Der net genuch Informatioune kritt hätt.

Här Mersch, ech weess net, ob Der nach vill ze soen hutt, nodeem den Här Liesch scho ganz vill erkläert huet. Dir hutt elo d'Wuert. Kéint Dir w.e.gl. bei de Mikro goen, dass et kann opgeholl ginn.

Merci.

**DOKTER JACQUES MERSCH:**

Merci, Här Buergermeeschter. Merci fir d'Invitatioun.

Den Dossier ass vun der Firma Cloos an der Ëmweltverwaltung agereecht ginn. D'Ëmweltverwaltung huet e Verfahren organiséiert, dat Scoping heescht. Dat heescht, dass an engem ganz fréie Stadium sollen Iddien aflléissen, fir ze wëssen, wéi déi Firma, déi den Antrag stellt, hiren Dossier opbaue soll.

Mir kruten en Dossier virgeluecht vu 60 Säiten, wou d'Gemeng Déifferdeng an d'Gemeng Suessem dozou sollte Stellung bezéien. Wat elo dobäi erauskomm ass, ass geschitt an Zesummenaarbecht mam Service Écologique vun Déifferdeng an dem Service Écologique vu Suessem. Dat ass de Kader.

De Fong vum Dossier ass, dass elo zwou nei Deponien zousätzlech geplangt solle ginn op enger Fläch vu 26 Hektar. Engersäits eng Inert-Deponie mat enger Capacitéit vu 6,7 Millioune Meterkibb. An anerersäits eng By-Products-Deponie. Dat ass den Industrieoffall vun der Stolindustrie. Déi hätt dann eng Capacitéit vun 2,7 Millioune Meterkibb. Déi Inert-Deponie soll iwwer zéng Joer lafen an déi Industriemülldeponie iwwer 40 Joer.

Zu der Analys vum Dossier. Am Ganze sinn et 18 Punkten, déi ech eng Kéier kuerz wollt duerchgoen als Zousaz zu deem, wat den Här Liesch scho gesot huet.

Déi éischt Iddi, déi mer erausgeschielt hunn, ass, dass mer ee komplexe Site hu vun iwwer 100 Hektar, wou mer soen, dass et net ka sinn, dass stéckelchersweis al Deponien zum Deel sanéiert ginn an aner Deeler net. Mir soen: Wann elo nei Projete kommen, muss op jidde Fall ee Gesamtkonzept fir dee ganzen Areal ausgeschafft ginn, dass mer nom Prinzip kënne verfueren: Fir d'Éischt sanéieren an dann nei bauen.

Dat ass vu prinzipieller Bedeitung fir d'Gemengen. Interessanterweis ass dee Punkt awer den 1. Dezember, wou mer dee Scoping-Termin bei der Verwaltung haten, direkt zréckgewise gi vun de Beamte vun der Verwaltung mam Argument, dat hätt näischt mam Dossier selwer ze dinn. Dat ass ganz wichteg.

Deen dote Punkt ass carrément als irrecevabel deklaréiert ginn.

Deen zweete Punkt ass, dass et net eng Deponie ass, mä dass et eigentlech fënnef verschidde Projete sinn. Et gëtt eng besteeënd Deponie. Dat ass d'Gadderscheier. Da gëtt et eng zweet Deponie. Dat ass Aleweier. Si nennen dat Remblai. Da géif eng Sanéierung gemaach gi vun engem Deel vun der Décharge historique an da géif déi nei Inert-Deponie an déi nei Industrieoffall-Deponie kommen. Dat wären also fënnef Projeten, déi aneneegräife géifen.

Do stelle sech e puer Froen: Wee behält op Dauer den Iwwerbléck? Wann déi openee gelagert ginn an aneneegräifen, ween ass am Endeffekt fir wat zoustänneg? Wann et eng Kéier géif Problemer ginn, wéi kéint dat geléist ginn, wann esou Projeten aneneegräifen? Wéi kéint een deem engen oder deem anere seng Verantwortlechkeet kloer definéieren? Dat zum zweete Punkt.

Den drëtte Punkt ass eng technesch Fro. Dat ass, dass en Deel vun der historescher Deponie géif iwwerbaut ginn. D'Technik géif doranner bestoen, dass op déi besteeënd Deponie eigentlech géif eng Aart Deckel dropgesat ginn. Da géif dat anert drop gebaut ginn.

Hei ass d'Fro: Wann iergendwann eng Kéier dat Material, wat drënner läit, misst erausgeholl ginn, kéime mer net méi drun. Dat ass e Prinzip, deen ee muss präsent halen. D'Technologien ännere sech. D'Konzepter ännere sech. Mir hunn déi Erfarung gemaach mat der Deponie Ronnebierg a mam Crassier Monnerech, wou mer gesinn, datt wat gëschter wouer war, haut net méi wouer ass. Da kann een och soen, dass dat, wat haut wouer ass, muer net méi wouer ass. Dat heescht, dass et eis eigentlech onméiglech gemaach géif ginn an der Zukunft, un dat Material erunzekommen. Dat ass keng gutt Léisung.

De véierte Punkt ass vum Här Liesch kuerz ugeschnidde ginn. Deen heiten Dossier betruecht iwwerhaapt net kombinéiert Effekter. Deen ignoréiert total, dass mer eigentlech schonn eng Virbelaaschtung hunn. Si ginn eigentlech dervun aus, dass et zu kenger Verschlechterung kënnt.

Do soe mir ganz kloer: Et kann net sinn, dass bei engem Projet, wou een dovun ausgeet, dass en eng Situatioun verbessere sollt, ëmmer nëmmen als Argument ugefouert gëtt, et géif net zu enger Verschlechterung kommen. Mir soen, et soll net nëmme keng Verschlechterung ginn, et muss eng Verbesserung ginn. Soss mécht ee jo keen neie Projet. Soss léisst een de Projet esou lafen, wéi e leeft.

D'Gesetz schreift vir, dass déi sougenannt „Cumulative Effects" musse gekuckt ginn. Dat heescht, den Antragsteller däerf säi Projet net lassgeléist vun dem Kontext gesinn. Dee muss säi Projet an de Kontext vun der industrieller Belaaschtung an och vun den Interessie vun de Leit definéieren.

De Punkt Nummer fënnef ass och erëm eng Kéier méi technesch. Am Dossier steet, dass de Projet net contraire zu de PAGe vun de Gemengen ass. Mä d'Gemenge sinn net gefrot ginn. Dat heescht, dem Antragsteller gëtt nogeluecht: Schwätzt mat de Gemengen.

Do ass awer virun allem d'Gemeng Suessem betraff, well se eng Fläch am Différé leien huet. Dee Moment huet dat keng Widmung, keng Affektatioun. Si soen, dat géif trotzdeem klappen. Dat ass fir eis e bëssen en Affront fir eng Gemeng, wa gesot gëtt, et wier keng Widmung drop, mä da geet et trotzdeem,

Mam Punkt Nummer sechs, wëlle mer duerleeën, dass am Dokument selwer an der Form an um Fong Saache sinn, déi eigentlech schlecht erkläert sinn. Dat ass elo keen essentielle Punkt, mä trotzdeem… Wann en Antragsteller wéi Cloos mat villen Ingenieure kënnt, muss en Dokument an der Form an um Fong korrekt sinn. Do däerfe keng Feeler dra sinn. A manifestement hu mer eng ganz Rei Feeler an eng ganz Rei net präzis definéiert Saachen am Dossier selwer fonnt.

Wat méi kritesch ass, ass, dass ee spiert, dass deen Dossier eigentlech guer keen neien Dossier ass. Si hunn en alen Dossier aus dem Tirang geholl. Firwat hu mer dat Gefill? Well d'Referenzwäerter – also déi ganz Etüden an Expertisen, déi an deem Dokument duergeluecht sinn –, sinn zwëschen zéng an zwanzeg Joer al.

*industrielle. Qui gardera une vue d'ensemble de ces décharges? Qui sera la personne responsable en cas de problèmes?*
*Le troisième point est technique. Il est prévu de placer une sorte de couvercle sur la décharge historique. La nouvelle décharge serait aménagée au-dessus. Mais que fera-t-on s'il s'avérait nécessaire un jour d'accéder aux déchets en dessous? Ce ne serait pas possible. Or les décharges du Ronnebierg et le crassier de Mondercange ont montré que ce qui est vrai aujourd'hui ne l'est plus forcément demain.*
*Comme l'a dit M. Liesch, le dossier ne tient pas compte non plus des effets cumulés. On se contente de dire que les nouvelles décharges n'empireront pas la situation. Mais l'objectif devrait être une amélioration. Et si une amélioration n'est pas possible, on ne devrait pas réaliser un nouveau projet. La loi prévoit d'ailleurs que le demandeur prenne les effets cumulés en considération. Il doit tenir compte du contexte, du passé industriel et de l'intérêt de la population.*
*Le dossier stipule ensuite que le projet n'est pas contraire aux PAG des communes. Mais le requérant n'a rien demandé à Differdange et Sanem alors qu'il aurait dû le faire. Ce point concerne surtout la commune de Sanem dont une partie du terrain est une zone d'aménagement différé et donc sans affectation. C'est un véritable affront que l'on fait à la commune.*
*Le point suivant concerne le fait que certaines choses ne sont pas bien expliquées tant pour ce qui est de la forme que du fond. Or le document établi par Cloos avec l'aide de nombreux ingénieurs devrait être sans faute. Mais il manque de précisions et est rempli d'erreurs. En plus, le dossier n'a rien de nouveau. Le requérant a ressorti un vieux document. En effet, les études et les expertises remontent à dix ou vingt ans. Comme il est question de biotopes, il est évident que des données vieilles de vingt ans ne peuvent plus être correctes.*

*Pour le collège échevinal, un tel dossier devrait être actuel.*

*En ce qui concerne l'environnement, M. Philippe Peters du ministère de l'Environnement a apporté des arguments clairs lors de la réunion de «scoping» du 1er décembre. C'est pourquoi le collège échevinal n'a pas besoin de revenir sur ces points.*

*Ensuite, le requérant est tenu de présenter un inventaire complet des biotopes et des espèces et de demander ensuite les autorisations nécessaires. Or il comptait ne pas demander d'autorisation.*

*Actuellement, Differdange est relativement protégée de l'usine grâce aux flux d'air permanents dans la vallée de la Chiers. Or la décharge constituerait un obstacle de 54 m risquant de perturber les flux. Cette question n'est pas abordée dans le dossier, mais elle est essentielle pour Differdange.*

*Que se passera-t-il lorsque les deux décharges ne seront plus en fonction — après dix ans pour la décharge inerte et quarante ans pour la décharge industrielle? Le dossier parle de la création possible d'un parc. Mais il ne faut pas oublier que la cheminée de l'usine se trouve à une hauteur de 60 m et la décharge aura une hauteur de 54 m. Lorsque le vent souffle, les fumées peuvent être transportées sur plusieurs centaines de mètres. Il faut faire attention à ne pas prévoir des projets irréalisables. Jacques Mersch voit plutôt la possibilité d'aménager des prairies maigres ou une forêt pionnière. En tout cas, la commune doit pouvoir apporter ses idées, car le site se trouve en pleine localité.*

*En ce qui concerne le paysage, la commune doit avoir son mot à dire. Les points suivants sont importants. Il s'agit de la gestion des eaux superficielles et de l'eau d'infiltration. D'un côté, la Chiers doit atteindre une bonne qualité écologique avant 2027. Mais de l'autre, on approuve des entreprises qui la polluent. L'eau provenant de la décharge inerte ne peut pas s'écouler directement dans la Chiers. Elle doit passer par un bassin d'infiltration retenant les substances en suspension. Le dossier mentionne une station d'épuration qui n'existe pas.*

Wann een iwwer Biotope schwätzt an et hëlt ee Wäerter vu virun zwanzeg Joer, kann een net korrekt leien. Well déi Biotopen, déi op esou engem Tipp entstinn, si moer Biotopen. Dat si Pionéierwälder. Do ass et jo kloer, dass sech innerhalb vun 20 Joer Saache gedoen hunn. Soudass déi Wäerter, déi si uginn, net méi kënnen aktuell sinn.

Mir soen: Wann en Dossier virgeluecht gëtt, sollt en zumindest aktuell sinn. Déi Date mussen aktualiséiert ginn.

Mam Punkt aacht geet et lass mat den eigentlechen Ëmweltthemen. Dat ass den éischte Punkt vum Ëmweltdepartement, vum MDDI, wou eng relativ schaarf Oppositioun koum an deem Scoping-Termin den 1. Dezember. De Philippe Peters, de Vertrieder vum Ëmweltministère, huet relativ schaarf Argumenter bruecht. Duerfir brauche mir op deen dote Punkt net méi anzegoen, well d'Ingenieuren do wierklech e bësse vun him de Kapp gewäsch kritt hunn.

Da kënnt de Punkt Nummer néng. Wat Biotopeschutz an Aarteschutz ugeet, musse si selbstverständlech déi néideg Inventarer maachen an och déi néideg Geneemegunge froen. Si wollten, datt dat ouni iergendwellech Geneemegung sollt ofgewéckelt ginn. Dat geet natierlech net.

Dann dee Punkt mat de mikroklimatesche Verhältnisser. Aktuell ass d'Uertschaft vun Déifferdeng par rapport zu deem Stolwierk, dat quasi matten an der Agglomeratioun steet, doduercher relativ geschützt, dass ee permanente Loftstroum duerch d'Kordall geet.

Mat deem, wat hei geplangt wär, géif een an de Kordall, wou mer déi Loftstréim hunn, eigentlech en Hindernis setze vu 54 Meter. Do stellt sech d'Fro, wann dee Bierg an den Dall géif gebaut ginn, ob sech d'Loftstréimungen doduerch net géifen änneren. Dat ass am Dossier eigentlech net gekuckt ginn. Mir soen, dass dat fir d'Uertschaft Déifferdeng awer eng essentiell Fro ass.

Da kënnt Punkt zéng. Dat ass, wat si d'Rekultivéierung nennen. Dat heescht: Wat geschitt nodeem déi Deponie net méi a Betrib ass? Dat wär no zéng Joer fir déi Inert-Deponie an no 40 Joer fir Industriemülldeponie. Do ginn am Dossier eng Rei Zeenarien ugeschnidden, ënner anerem dass een da kéint eng Aart Park maachen, wou d'Leit kéinten higoen.

Mä mir haten do gewësse Bedenken ugemellt. Well et muss ee wëssen, dass dee Moment déi Fläch op der Héicht vun de Kamäiner läit. De Kamäin vum Stolwierk ass 60 Meter héich. Wa mir e Bierg vu 54 Meter géife bauen, wäre mer op der Héicht vum Kamäin. Wann do d'Loft bléist, flitt d'Ofloft vum Kamäin e puer Honnert Meter wäit. Et muss een oppassen, dass een do net eppes plangt, wat herno kee Bestand huet.

Mir soen och, dass wa Penten entstinn – also e Gefälle vun deem Bierg entsteet, deen eigentlech ze grouss ass –, een do net kann eppes anescht maachen. Do wier eng Méiglechkeet, fir moer Biotopen entstoen ze loossen, wéi dat aktuell schonn de Fall ass. Dass ee kéint soen: Op verschiddene Plaze kéint een eng moer Wiss oder e Pionéierbësch entstoe loossen, well dee jo dann haut muss ewechkommen. Dee kann da spéiderhin nach eng Kéier dohinner kommen.

Wéi gesot, d'Gemeng seet: Wann esou e Projet kënnt, muss d'Gemeng däerfe matschwätzen an Iddie mat abréngen. Et ass eng essentiell Ugeleeënheet, well dat och matten an der Uertschaft finalement ass.

De Punkt Nummer eelef ass d'Landschaftsbild. Am Dossier ass dat zwar ugeschnidden, mä et gëtt näischt Stéchhalteges driwwer gesot. Och do seet d'Gemeng: Do sollen awer och déi Verantwortlech – de Gemengerot an de Schäfferot – e Wuert däerfe matschwätzen.

Da kommen zwee Punkten, déi wierklech ganz wichteg sinn. Dat ass d'Gestioun vum Uewerflächen- a vum Sickerwaasser. Op där enger Säit ass d'Zilsetzung, dass d'Kor bis d'Joer 2027 an engem potentielle gudden ekologeschen Zoustand muss sinn. Op där anerer Säit gi weiderhi Betriber geneemegt, déi eigentlech grouss Aleeder sinn. Zum Beispill steet am Dossier bei der Inert-Deponie, datt dat einfach an d'Kor ofgefouert gëtt. Dat geet natierlech net. Alles, wat Uewerflächewaasser ass, muss duerch e Sickerbaseng lafen, fir dass sech déi Schwebstoffer kënnen ofsetzen.

Elo komme mer op déi nächst Säit. Bei den Industrieoffäll gëtt da vun enger Kläranlag op der Anlag geschwat. Do hunn d'Ingenieuren awer am Scoping-Termin gesot: Déi Kläranlag gëtt et guer net. Do gëtt vun Infrastrukture geschwat, déi et net gëtt. Do ass direkt gesot ginn, datt dat Konzept net kloer ass. Also fir d'Uewerflächewaasser an d'Sickerwaasser während der Betribsdauer vun deenen Deponie gëtt et aktuell kee Konzept.

D'Grondwaasser gëtt eigentlech am Dossier relativ detailléiert behandelt. An zwar muss een do wëssen, dass et eng Leemschicht gëtt, déi eigentlech onduerchlässeg sollt sinn, mä wou awer d'Datelag weist, dass et net esou ass opgrond vun deenen Daten, déi virleien. De groe Mergel ass de Leem. Déi Buerunge weisen, dass genau déi Stoffer an de Sickergewässer erëmzefanne sinn. Soudass ee muss unhuelen, dass déi Tounschicht guer net esou dicht ass, wéi dat bis elo ugeholl ginn ass.

Do soen d'Ingenieuren: Dat kënne mer nach eng Kéier testen. Mä doduerch, dass mer d'Deponie ofdichten, wier dat keen Thema. Woubäi awer am Gesetz steet, dass eng Deponie nëmme ka geneemegt ginn, wann déi entspriechend geologesch Barrière virläit. Also déi Fro steet nach op.

Da kënnt déi Schicht, déi drënner ass. Déi Schicht gouf gebuert virun zéng oder zwanzeg Joer. Do fanne mer ee Cocktail vu Stoffer erëm, wou mer net wëssen: Sinn déi natierlech do oder sinn déi net natierlech do?

Déi dote Schicht féiert Waasser. Dat ass och dat Waasser, dat herno an d'Kor eraleeft. Déi Fro ass net gekläert. Ass dat schonn eng Belaaschtung, déi virläit, spréch: zitt do schonn d'Sickerwaasser vun der Déponie historique eran oder ass dat deelweis oder ganz natierlech ze erklären? Dat sinn déi Wëssensdefiziter, vun deenen op der Säit 7 rieds geet. Dat ass eng Situatioun, wou mer guer net wëssen, wat eigentlech aktuell passéiert.

Da kënnt Punkt 14 iwwert de Kaméidi. Do maache si sech d'Liewen zimlech einfach, well si soen, den zousätzleche Kaméidi wier vernoléissegbar. Trotzdeem soe si, dass si nach wéilten eng zousätzlech Studie maachen. Mä si vergiesse komplett, déi Virbelaaschtung ze betruechten. Si ginn ëmmer dervun aus, dass mer um Nullpunkt wieren, wa mer mat deem Projet géifen ufänken.

Datselwecht mat der Loftqualitéit. Fir iech ze weisen, wéi liicht oder wéi onseriö se eigentlech mat der Situatioun ëmginn: Si huelen Moosswäerter vun Esch aus de Joren 2005. Wat hunn dann d'Moosswäerter vun Esch mat der lokaler Situatioun zu Déifferdeng ze dinn? Do haten d'Ingenieure gesot: Dat do musse mer nei betruechten.

Da kënnt de Stëbs, wat och eng ganz wichteg Saach ass. D'Gemeng kritt ëmmer erëm vun de Leit vum Fousbann Réckmeldungen, dass vill Stëbs do ass. Dat ass eppes, wat d'Leit psychologesch ugräift. Do ass schwaarze Stëbs, wäisse Stëbs, giele Stëbs… D'Leit maache sech suergen.

Dat ass eng Dimensioun, déi fir d'Ingenieure vu Cloos extrem schwéier ze verstoen ass, wann ee selwer net op der Plaz war a wann een net selwer mat de Leit geschwat huet. Mir hate si gefrot: Kennt dir d'Situatioun? Natierlech war nimools e Mënsch op der Plaz. Vu dass mir jo reegelméisseg op der Plaz sinn, kënne mer déi Saach betruechten. Doropshin hate mir geäntwert: Mir musse mol vun der Ist-Situatioun ausgoen. Eréischt da kann een déi Zousazsituatioun betruechten.

Do gëtt et laangjäreg Miessunge vun der Ëmweltverwaltung. Déi hate mir eis besuergt, mä si net. Do gesäit ee verschidde Stoffer, inklusiv um Stëbs selwer. Zum Beispill an der Cité Henri Grey hu mer säit Joren Iwwerschreidunge vun de Grenzwäerter. Dat heescht, och wann déi Zousazbelaaschtung geréng wär, wa mer elo schonn iwwert dem Seuil leien, ass all zousätzlech Belaaschtung natierlech kritesch ze betruechten.

Wat och net gemaach ginn ass a wat den Här Scacchi e puermol schonn an der Vergaangenheet nogefrot huet: Mir hu jo Deponien. Also Remblai Gadderscheier a Remblai Aleweier. Déi si jo schonn aktiv. Do ass et am Summer schonn zu Stëbsentwécklunge komm.

Do hat d'Gemeng nogefrot: Wat geschitt als präventiv Moossnamen? Dunn ass d'Äntwert komm: Mir hu kee Waasser, fir déi Weeër ze benetzen. Ob-

*Bref, il n'y a pas encore de concept pour la gestion de l'eau.*
*Pour ce qui est de la nappe phréatique, il faut savoir que d'après les données disponibles, la terre glaise présente sur les lieux n'est pas imperméable. Les ingénieurs ne voient pas où se trouve le problème puisque la décharge sera imperméabilisée de toute façon. Mais la loi n'autorise pas l'aménagement d'une décharge sans la présence d'une barrière écologique.*
*La couche en dessous transporte l'eau dans la Chiers. On y retrouve un mélange des substances. Mais on ne sait pas si cette eau est polluée par la décharge historique ou si le phénomène est naturel.*
*Jacques Mersch passe au point 14, le bruit. Les ingénieurs prétendent que les nuisances seront négligeables, mais qu'ils réaliseront une étude supplémentaire. Ils oublient cependant de mentionner les problèmes déjà présents. Même chose pour la qualité de l'air: ils se basent sur des analyses faites en 2005 à Esch. Or Esch n'a rien à voir avec Differdange.*
*Par ailleurs, les habitants du Fousbann se plaignent souvent de la poussière et s'en inquiètent. Les ingénieurs de Cloos ne s'en rendent pas compte parce qu'ils ne se sont pas rendus sur place et parce qu'ils n'ont pas discuté avec les gens. Pour la Ville de Differdange, la situation de départ est essentielle. Il faut la connaitre avant de prévoir la suite. Les mesures de l'Administration de l'environnement démontrent que les valeurs limites sont dépassées depuis des années dans la cité Grey. C'est pourquoi toute pollution supplémentaire est critique.*
*Il ne faut pas oublier non plus que Differdange compte déjà des décharges actives comme Gadderscheier et Aleweier. En été, ces décharges ont déjà occasionnées de la poussière. La Ville de Differdange a demandé s'il existe des mesures préventives. Mais, apparemment, il n'y aurait pas de réserves suffisantes en eau pour arroser le site bien que cela soit prévu dans l'autorisation. Pourtant, il est question de nouvelles décharges.*

*Les conséquences sur la santé sont traitées de manière superficielle dans le dossier. Il n'est par exemple pas question du transfert de substances toxiques à travers les potagers.*
*Fin novembre, le collège échevinal a conclu de tout ceci qu'il fallait créer un comité de pilotage. L'administration ayant organisé la réunion de scoping a réagi en disant qu'un comité de pilotage n'est pas prévu par la loi. Or si on invite une commune à une telle réunion, il faut bien lui donner les moyens d'être efficace. Il a finalement été retenu que la société Cloos doit contacter la commune pour créer un groupe de travail.*
*Dans l'annexe du dossier se trouvent des images actuelles de l'eau d'infiltration coulant dans la Chiers. Les analyses montrent qu'elle contient énormément de sel et de sulfates et qu'elle est donc polluée.*
*(Applaudissements)*

**ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)**
*remercie M. Mersch et plaisante sur le fait qu'on ne l'a jamais applaudi.*

**FRÄNZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG)**
*souhaite fournir des explications quant au «non» des écologistes. La situation actuelle n'est pas tolérable même sans nouveau projet.*
*Fränz Schwachtgen rappelle que la première décharge de scories remonte à la fin du XIXe siècle, au début de l'industrialisation. Les scories des hauts-fourneaux étaient nettement moins problématiques que les déchets des aciéries électriques.*
*Le conseiller communal se souvient que lorsqu'il était enfant il avait vu l'énorme forêt du Woiwer disparaitre petit à petit — tout comme l'aire de jeux. Aujourd'hui, il ne reste plus qu'un petit bout de forêt éveillant en lui un sentiment de nostalgie et de frustration.*
*Plus tard, les hauts-fourneaux ont été remplacés par les usines électriques. Les scories ont été éliminées par la société Cloos et réutilisées pour la construction de routes. L'usine en a profité pour déverser les sous-produits là où se trouvaient les scories.*

schonn dat an der Geneemegung steet. Do hu mir gesot, da missten hei jo nach méi grouss Quantitéite vu Waasserreserven ugeluecht ginn. Mä och dat ass net betruecht ginn. Dat heescht, et géifen also nei Projete vun neien Deponie kommen, mä am aktuelle Stadium ass net dru geduecht ginn, genuch Waasserreserven ze schafen. Woubäi déi eigentlech Autorisatioun, déi elo scho virläit, net agehale gëtt. Dat war de Punkt Nummer 16.

De Punkt Nummer 17 sinn d'Auswierkungen op d'mënschlech Gesondheet. Dat gëtt am Dossier och relativ sperrlech behandelt, wéi wann dat eigentlech keen Thema wär. Si betruechten zum Beispill iwwerhaapt net de potentiellen Transfert vu Schuedstoffer via ee Mënsch, deen e Geméisgaart mécht. Dat gëtt guer net betruecht. Als Beispill.

Wéi mer dat heiten opbereet hunn – dat war Enn November –, si mer zum Schluss komm, dass mer missten un där Saach dru bleiwen. Duerfir hu mer virgeschloen, dass sollt e Comité de pilotage aberuff ginn.

D'Äntwert vun der Verwaltung, déi eigentlech dee Scoping-Termin organiséiert huet, war relativ enttäuschend. Déi hu gesot, dat wier jo eng Privatinitiativ, fir esou e Comité de pilotage anzeriichten, well dat net gesetzlech virgesi wär. Doropshin hu mir geäntwert: Wann dir eis invitéiert op e Scoping-Termin an d'Gemeng mat abanne wëllt an déi ganz Geneemegungsprozeduren, muss een awer och d'Mëttel ginn, fir dass dat kann effektiv stattfannen. Do si mer verbliwwen, dass d'Firma Cloos soll un d'Gemeng eruntrieden, fir esou en Aarbechtsgrupp ze grënnen. Wat e bëssen enttäuschend ass.

Dann de leschte Punkt. An der Annex weise mer Biller, wéi e Sickerwaasser ausgesäit. Dat do ass den aktuelle Stand vum Sickerwaasser, dat an d'Kor eranzitt. Wann der d'Analyse kuckt op der Säit duerno, stellt der fest, dass dat eigentlech héich belaaschtend Waasser ass, well immens vill Salz a vill Sulfater dra sinn. Do ass zum Beispill 1.300 mg pro Liter. Dat mécht eigentlech, dass esou e Waasser wéi dat do biologesch ouni Liewen ass.

An där Situatioun si mer haut. Dat war et elo fir mäin Deel, wat dat Dokument ugeet. Merci.

(Applaus)

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Mersch. Ech hunn nach ni hei geklappt kritt.

Här Schwachtgen.

**FRÄNZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG):**

Ech wëll Stellung huelen zu deem Projet an e puer Erklärunge ginn zu deem kloren Nee vun deene Gréngen.

Mat deem kloren Nee wëlle mer nach e bësse méi wäit goen. Mir musse méi wäit kucken, well mir eng existent Situatioun hunn, déi net tolerabel ass, och wa keen neie Projet géif kommen. Déi Situatioun wëll ech historesch e bëssen erklären.

Mir schwätzen hei vum ale Schlakentipp Déifferdeng/Suessem, deen um Enn vum 19. Joerhonnert ugefaangen huet mat der Industrialiséierung. Do ass uganks nëmmen Héichueweschlak dohinner komm, wat u sech relativ onproblematesch war am Verglach zum Bedreiwe vun den Elektrostolwierker, déi vill méi spéit komm sinn.

Mir hunn als Kanner materlieft um Fousbann, wéi d'Humpen nach d'Schlaken do an de Goss ofgeschott hunn. Dee risege Woiwer Bësch, deen et am Ufank gouf, war ëmmer méi opgefriess ginn, wat quasi bis bei d'Kalekerbaach gereecht huet. De Bësch war verbrannt. An eis Spillplaz vun deemools ass lues a lues verschwonnen.

Et besteet haut nach just e klenge Wutz ale Woiwer Bësch. Mä dat zu den nostalgesche Gefiller vun där Zäit an och vun der Frustratioun vun där Zäit.

Duerno, wéi d'Héichiewen zougemaach gi sinn, si mer an d'Phas komm vun den Elektroiewen. D'Schlake sinn ofgebaut gi vun der Firma Cloos an am Stroossebau verwennt ginn. Dat, fir déi méi Jonk e bëssen opzeklären, wéi dat lues a lues weidergaangen ass.

Déi Lächer, wou d'Schlak ofgebaut ginn ass, ware laut industrieller Vue dofir do, fir erëm opgefëllt ze ginn. A mangels enger uerdentlecher Industriemülldeponie, wou ech herno nach drop zréckkommen, hunn déi sech ugebuede fir all By-products, wéi dat heescht, ofzetippen. Dat sinn Offäll vun der Schwéierindustrie.

Dat ass jorelaang geschitt ouni Arbed-intern Kontroll an ofgeschiermt vun der Ëffentlechkeet. D'Kommodo-Verfahren war net iwwer all Zweiwel erhaben. Ech ginn elo net an d'Detailer. Mä den Här Jacques Mersch huet jo verschidde Remarken dozou scho gemaach.

Alles ass op d'Décharge historique komm, wat dorëmmer ze vill war. Et gëtt Zeienaussoen – a mir hu selwer Fotoe gemaach an der Zäit –, wou Uelechschlämm aus dem Walzwierk uewen op de Bierg geschott gi sinn op den inerten Terrain oder an déi al Schlaken, déi net ofgebaut waren. Et ass och unzehuelen, datt haut op enger grousser Portioun vun deem Terrain kee méi weess, wou wat verschäert ginn ass.

Mir wëssen, dass haut grouss Efforte gemaach gi mat där neier Bauschuttdeponie, déi no gereegelten Ëmstänn opgebaut gëtt op Suessemer Säit. Mer wëssen ëm grouss Ëmlagerungen. Mer wëssen, dass déi Schlämm vum Dolomit, déi nach ëmmer douewe beim Ronnebierg leien, sollen ofgedroe ginn an derzou bäidroen, fir dass en Deel vun där grousser Deponie vun 100 Hektar méi stabil gebaut gëtt an herno vläicht en Notze ka kréie fir d'Ëffentlechkeet oder d'Natur.

Da kommen ech zu eppes, wat een einfach hei muss soen haut, an dësem Moment, an dëser Situatioun: Wann elo eng Firma Cloos mat Dokumenter aus den 90er Jore kënnt, wou se sech drop berifft, ass an där Zäit am ganze Land no enger Industriemülldeponie gesicht ginn. Mir kennen d'Geschichten ëm den Ailbuer an ëm Heebecht. Mer kennen d'Geschicht vum Ronnebierg, déi 15 oder 20 Joer gedauert huet.

Déi Geschicht vum Ronnebierg ass jo eng ganz traureg Geschicht am Kader vun der wëller, ongesécherter Oflagerung. Dee Ronnebierg ass jo bekanntlecherweis duerch ganz staarken ëffentlech Drock vun der Bevëlkerung an och herno vun der Politik zougemaach ginn. Dat war ufanks den 90er Joren. Zoufälleg erëm eng Kéier.

De Ronnebierg ass am Moment zimlech roueg. E gëtt nach ëmmer iwwerwaacht. E läit zwar do als Sarkophage, géif ech dat emol nennen. Ënnen net ofgedicht an uewen däerf et net erareenen, soss hu mer déi tickend Zäitbomm an der Luucht. Da wëssen eis Generatiounen duerno héchstwahrscheinlech ganz schwéier eppes domat unzefänken. A si däerfen da bezuelen, wat mer an den 90er Jore falsch gemaach hunn.

Mer wësse jo awer och, dass duerno keng Industriemülldeponie am Land fonnt ginn ass. Dass eng Rei Problemstoffer an d'Ausland komm sinn, wësse mer och. Mä wat ass deemools mat deenen anere By-products vun der ARBED a vun aneren Industrië geschitt? Déi sinn um Crassier Déifferdeng op der Décharge historique ofgeluecht ginn. Et huet een ëmmer erëm héieren, wann e Chantier war enzwousch: Wou féiert der dat hin? Dat huet fréier der Industrie gehéiert, also op d'Décharge historique domat. Dass déi Décharge historique während 20 Joer ongeuerdnet, onkontrolléiert fonctionnéiert huet, ass eng Tatsaach.

Dorobber solle sech dann nei Projete grefféieren. Ech mengen, den Dokter Jacques Mersch huet ganz kloer Hiweiser ginn, firwat een dat net sollt maachen.

Schlëmmer awer nach: vun alle polluéierte Sitte lues a lues no der Entstehung vun der Agora, déi sech ëm Esch an aner Sitte bekëmmert huet, ass alles op Déifferdeng geschleeft ginn, an do eben abenteuerlech ofgelagert ginn. Bis haut sinn déi Operatiounen net ofgeschloss. Dofir gesäit et douewen och aus wéi eng gigantesch Moundlandschaft. Fotoen a Biller kann ee jo iwwerall kréien. Mer wäerten dat ab Januar fläisseg dokumentéieren a weider beaarbechten.

Elo, 2017, sollen zwou nei Deponien derbäi kommen. Eng vun zéng Joer Lafzäit, wou ee jo nach kéint soen: Okay, dat ass iwwerschaubar. Domadder betreffe mer eis Generatioun. Op jidde Fall déi méi Jonk heibanne géifen dann nach am Conseil sëtzen a misste

*Cela a continué pendant des années sans contrôles internes de l'Arbed et sans que le public ne soit au courant. Tous les déchets finissaient dans la décharge historique. Des photos de l'époque montrent comment les huiles usagées étaient déversées du laminoir sur le terrain inerte et sur les anciennes scories. Aujourd'hui, personne ne sait plus ce qui a été déversé sur quelle partie du terrain.*

*La nouvelle décharge de gravats à Sanem est en train d'être construite de façon régulée. Des efforts considérables sont faits dans ce sens.*

*Aujourd'hui, la société Cloos présente des documents des années 90. Mais à l'époque, on recherchait un site pour une décharge dans tout le pays. Les conseillers communaux connaissent les histoires autour d'Ailbuer, Heebecht et le Ronnebierg. Le Ronnebierg est le triste exemple d'une décharge sauvage. Il a finalement été fermé sous la pression de la population. Aujourd'hui encore, il est surveillé et constitue une bombe à retardement. Les générations futures paient les erreurs commises dans les années 90.*

*Après le Ronnebierg, une partie des substances problématiques ont été envoyées à l'étranger. Et les sous-produits de l'Arbed ont été déversés dans la décharge historique à Differdange. Celle-ci a fonctionné pendant vingt ans de manière sauvage. Aujourd'hui, on souhaite réaliser de nouveaux projets sur le même site. Le docteur Mersch vient d'expliquer pourquoi c'est une mauvaise idée.*

*Après la fondation d'Agora, qui s'occupe des sites à Esch et ailleurs, tous les déchets ont été déversés de manière aventureuse à Differdange. Cela continue aujourd'hui et c'est pourquoi le site ressemble à un gigantesque paysage lunaire. Il existe de nombreuses photos pour le documenter.*

*Des deux nouvelles décharges, la première aura une durée de vie de dix ans. Elle ne concernera donc que la génération actuelle et certains conseillers communaux actuels devront décider quoi en faire après cette période. La deuxième aura une durée de vie de quarante ans. L'approuver constituerait une négligence grave.*

*Il est question d'une décharge pour «substances dangereuses». Mais en allemand, on parle de «Giftmülldeponie». Fränz Schwachtgen ne sait pas s'il faut faire une différence entre «dangereux» et «toxique». Mais en tout cas, la décharge est prévue sur un terrain déjà pollué.*
*Vingt ans après le Ronnebierg, Differdange est censée recevoir la décharge industrielle dont personne ne voulait. À l'époque, il était question de transporter les déchets à l'étranger. Mais c'est Differdange qu'on a finalement choisi.*
*Certains points énoncés par M. Mersch suffisent pour exiger que le projet soir amélioré. Car autrement, pendant quarante ans, l'eau de pluie s'infiltrerait dans le sol chargée de substances toxiques. Cela concernera donc les arrières-petits-fils de pas mal de conseillers communaux. Cette eau finirait dans la Chiers et dans la nappe phréatique. Differdange n'est pas comparable à l'Afrique. Il y pleut suffisamment. Mais qui sait ce que réserve le futur?*
*Lors des discussions autour du Ronnebierg, il avait été dit que l'aquifère du Ronnebierg pouvait polluer l'eau de la brasserie de Käerjeng.*
*(Rires)*
*Fränz Schwachtgen constate que certains trouvent cela drôle, mais si cette eau n'est pas suffisamment bonne pour en faire de la bière, c'est qu'elle ne peut pas être bue. Mais à titre de consolation — et c'est tout aussi drôle — les conseillers communaux pourront dire à leurs arrières-petits-enfants que le site sera couvert et transformé en parc dans quarante ans.*
*Le projet a été analysé par des experts neutres. Ceux-ci ont rédigé un rapport que Fränz Schwachtgen a découvert en même temps que les autres conseillers communaux. Il en sera sans doute question au sein de la commission de l'environnement.*
*Fränz Schwachtgen a l'impression d'être dans un mauvais film. Il aurait mieux valu construire une décharge industrielle adéquate il y a vingt ans. Bien sûr, personne ne voulait d'une telle décharge. Les déchets n'avaient qu'à rester dans le Minett. Mais il aurait quand même fallu trouver une solution.*

sech domat beschäftegen, no zéng Joer, wat dermat géif geschéien. Dat heescht se wäre selwer responsabel. Déi aner awer, eng Deponie op 40 Joer ze maachen, an eréischt dann ofzeschléissen, wär einfach fahrlässeg.

Si nennen et eng Deponie fir geféierlech Stoffer. Op anere Pläng, déi ech selwer gesinn hunn, steet awer de Begréff Giftmülldeponie op Däitsch. Ech wëll dat just soen a mol am Raum stoe loossen. Ob et ënner Gëft a geféierlech Stoffer eng Differenz gëtt oder net, weess ech net. Dat misste Chemiker a Fachleit eis soen.

Dat alles soll da gebaut ginn op problematesch geologeschem Ënnergrond, wéi mer héieren hunn. An op alem, elo scho belaaschtenem Ënnergrond.

Als Konklusioun fir eis a fir mech och, eist Land kritt elo, 20 Joer nom Ronnebierg, déi Industriemülldeponie fir geféierlech Stoffer, déi deemools keen am Land wollt. Weder déi zu Mamer, nach déi zu Réiser, Ailbuer, Heebecht… Deemools ass gesot ginn: Mir brauche keng méi. Mir gi jo an d'Ausland. Mä am Nachhinein ass se op Déifferdeng komm. Dat muss ee ganz kloer soen, wann een elo haut d'Geschicht géif nei schreiwen.

Mir maachen dat dann ënnert deene schlechtméiglechste Viraussetzungen. Well wann ech déi 15, 16 oder 17 Punkte kucken, gi verschidde Punkten duer, fir effektiv ze fuerderen: Paakt dee Projet do an a kommt mat eppes bessem. Et ass jo dat, wat mer och wëllen erreechen.

Wa mer eng Gëftmülldeponie kréichen, géif déi 40 Joer net ofgedeckt ginn, well se a Betrib wär. Dat heescht, 40 Joer dierften déi geféierlech Stoffer an déi Gëftstoffer – ech weess elo net, wat fir een Term ech soll gebrauchen –, dierft dat Reewaasser asickeren an ënnen erauslafen, belaascht mat Schwéiermetaller a mat anere Stoffer. 40 Joer laang sinn dat meng Ur-, Ur-, Urenkelen a verschiddene Leit heibannen hir Urenkele och schonn. Dat géif an d'Chiers eragespullt ginn an natierlech och an d'Grondwaasser.

D'éinescht ass gesot ginn, d'Grondwaasser wär belaascht. Dat ass eist Drénkwaasser, dat mer onbedéngt brauchen. Mir sinn net Afrika. Mir hu genuch Reen am Moment. Mä wee weess, wat d'Zukunft bréngt.

Deemools, an de Ronnebierg-Diskussiounen, war erwise ginn, dass deen Aquifer, deen a Verbindung mam Ronnebierg ass, an den Aquifer, deen ënnen zu Käerjeng läit, iwwerschwappt. Dat war d'Argument, datt d'Brauerei-Waasser kéint belaascht ginn, dat aus 80 Meter Déift op der Käerjenger Brauerei erausgezu gëtt.

(Hilaritéit)

Ech soen dat elo mol als Argument. Et ass vläicht witzeg, mä wann awer kee Béier méi kéint draus gemaach ginn, kann et natierlech och net méi als Drénkwaasser benotzt ginn. Ech wollt domadder betounen, dass dann och keng gesond Waasserquell méi kann ugezaapt gi fir déi nächst 1.000 Joer. Wat soen d'Experten do?

Als Trouscht – dat fannen ech och ganz witzeg – kënne mer eisen Urenkelkanner soen: No 40 Joer kriss du douewen awer eng schéin Ofdeckung mat engem klenge Park, enger Spillplaz an enger Aussiichtsplattform. Dat wäerte mer hinne kënne verspriechen, wa mer elo domadder géifen ufänken.

Dee Projet ass vun neutralen Experten analyséiert ginn. Do war kee Politiker an deene Gespréicher dobäi. Mir hunn effektiv d'Leit vum Fach schaffe gelooss, fir eis dee Bericht haut ze maachen. Ech hunn en och net méi fréi gesi wéi dir alleguerten. Dofir hate mer nach keng Ëmweltkommissioun, well dat alles relativ séier gaangen ass. Mä mer wäerten dorobber natierlech zréckkommen.

Heiansdo mengt een, et wier een an engem schlechte Film, wann een historesch kuckt, wat alles passéiert ass a wat elo soll passéieren. A wat mer 20 Joer verpasst hunn. Dann hätte mer besser gehat, virun 20 Joer eng anstänneg propper Industriemülldeponie ze bauen. Vläicht och op verschiddene Plazen am Land. Do ware Leit, déi gesot hunn: „Not in my backyard". Dat ass jo déizäit ganz haart gejaut ginn. „Haalt Ären Dreck am Minett." Awer eppes Anstänneges hätte mer vläicht deemools trotzdeem sollte maachen, amplaz esou virunzemaachen.

Dee Scoping beweist ganz kloer, wou d'Problemer leien. Ech soen an eisem Numm – an ech mengen, jiddwereen heibannen ass d'accord –, fir dem Dokter Jacques Mersch, sengen Ingenieuren an eisen Ingenieuren a Beamten am Service écologique dofir Merci ze soen. Si hunn eis eng riseg Aarbecht ofgeholl an eis och d'Aen opgemaach.

Ech maachen awer elo e bësse virun. Mir soen also e kloren Nee zu deem Projet. An déi Froen, déi nach opstinn, ënnermaueren dësen Nee.

Ech hat am Ufank gesot, et muss eppes geschéien. Mir kënnen och den aktuellen Zoustand net méi laang toleréieren.

Dozou eng kuerz Virstellung, wéi mir dat gesinn a wéi ech dat perséinlech gesinn. An den Enn 90er Joren, a Bezuch op de Ronnebierg an a Bezuch op der Sich no enger Industriemülldeponie, war festgestallt ginn, dass am ganze Land vill Sitte missten depolluéiert, sanéiert a rekonvertéiert ginn. Deemools war eng Entwécklungsgesellschaft, Agora, zustane komm. Déi war deemools an d'Liewe geruff ginn.

Hir Zesummesetzung: d'Acteuren aus der Industrie selbstverständlech, de Stat an d'Gemengen. D'Gemengen hunn an där Agora e Matsproocherecht. Hiert Zil war d'Rekonversioun vun allen Industriebroochen am Land. Dat geet bis op Biissen. Wa mer u Biissen denken, kënnt engem dat aktuellt Thema Google an de Kapp.

Hiert Zil war d'Rekonversioun vun den Industriebroochen. Hir Aufgab ass, d'Frischen ze analyséieren. Wat läit do? Wat fir Altlasten sinn do? Wat kascht dat, fir se ewechzehuelen? Ass et besser, se bleiwen op der Plaz? Gi se op der Plaz sanéiert oder anzwousch anescht? Selon les règles de l'art.

Et sollt awer duerno dann och eng Viabiliséierung proposéiert ginn. An et sollten notzbar Zonen dorausser entstoen. Dat kënne Zones habitables si wéi beispillsweis de Belval. Do sinn déi meeschte Suen higaangen. Et solle kënne Zones commerciales, industrielles, récréatives an naturelles sinn, déi herno eng Plus-value weise fir déi Terrainen.

Dat war virun 20 Joer – dat wëll ech einfach betounen – och fir eisen ale Schlakentipp gemënzt. Do stoung expressis verbis an deenen Texter, do musse mer hin an do musse mer sanéieren. Just et ass ni derzou komm. Well op Déifferdeng ass alles vu Problemstoffer, wat op anere Sitte sanéiert ginn ass – zum Beispill Esch a Lalleng – evakuéiert ginn.

Viru Kuerzem ass eréischt e Kommodo gelaf, wou net vill driwwer geschwat ginn ass. A wou den Industriemüll vum alen Arcelor-Site vu Biissen op Déifferdeng kënnt mat héich problematesche Stoffer, déi elo ënner fräiem Himmel ouni Konzept dohanne leien.

Iwwregens hat d'Agora 1976 den Optrag kritt, fir d'Rekonversioun vum ARBEDs-Site Schëffleng an de Grëff ze huelen. Deen ze sanéieren an ze kucken, wat dermat ze maache wär. Dräimol däerft der roden, wou dee Problem-Müll vu Schëffleng wäert an deenen nächste Joren hikommen.

Hei ass eben d'Fro: Wéi laang loosse mir eis dat nach gefalen? Bleift déi Situatioun elo esou bestoen? Verbesserunge mussen op jidde Fall optimiséiert ginn oder iwwerhaapt dohinner kommen.

Dofir ass eis Fuerderung kloer: Mir brauchen en Agora-Projet, fir de Site Déifferdeng/Suessem ze developpéieren. Fir emol ze detektéieren, wat alles dra läit a fir en dann och zu engem Enn ze bréngen a raisonnabelen Delaien, wat och Leit wéi ech nach vläicht erliewen.

Well nëmmen an engem Agora-Projet ass et och garantéiert, dass eis Gemengen, eis Schäfferéit an eis Gemengeréit e Matsproocherecht hunn. Et ass immens wichteg, dass mer do derbäi sinn an net op Gutdünke vun enger Privatfirma an e Comité de suivi mat erageholl ginn. Wann déi wëllen, jo. Wa se net wëllen, geheie se eis eraus an da gi mer just virun d'Dier stoe mat Protestschëlter.

An deem Ganze soll awer och, wann dat an d'Agora kënnt – dee Punkt däerf een natierlech net vergiessen, dovunner schwätzt bal kee méi –, de Prinzip Pollueur payeur am Industrieberäich zielen. Dat soll fir jiddwereen zielen. Dat zielt fir de Bierger, wa mer eis mat eisem eegene Müll musse befaassen. Awer dat soll och net vergiess ginn an deene ganzen Diskussiounen, wann et

*Fränz Schwachtgen remercie M. Mersch, ses ingénieurs et les employés communaux pour leur travail, qui met à jour les nombreux problèmes. La Ville de Differdange dit non au projet.*

*À la fin des années 90, on avait constaté que de nombreux sites dans le pays devaient être assainis. C'est dans ce contexte que l'Agora, dont l'objectif est de reconvertir les friches industrielles du pays, a vu le jour. L'Agora se compose des acteurs de l'industrie, du gouvernement et des communes. Elle analyse les friches, dresse un état des lieux et organise un assainissement dans les règles de l'art. Avec comme but de viabiliser ces zones — en les transformant par exemple en zones habitables comme à Belval.*

*Il y a vingt ans, on prévoyait d'assainir aussi la décharge de scories de Differdange. Mais cela n'a jamais été fait, car Differdange servait à évacuer les déchets des autres sites comme Esch ou Lallange. Récemment encore, il a été question de déverser les déchets du site d'ArcelorMittal de Bissen à Differdange.*

*Fränz Schwachtgen rappelle qu'en 1976, l'Agora a été chargée de reconvertir le site de l'Arbed à Schifflange. Il laisse aux conseillers communaux le soin de deviner où les déchets de Schifflange seront déversés au cours des prochaines années. Combien de temps encore la Ville de Differdange se laissera-t-elle faire? Il est grand temps d'apporter des améliorations à la situation actuelle. La commune a besoin d'un projet de l'Agora pour le site de Differdange et Sanem. Car seul un tel projet peut garantir que les communes, les collèges échevinaux et les conseils communaux auront leur mot à dire. On ne peut pas laisser le soin à une entreprise privée de créer un comité de suivi et de décider ensuite si les communes peuvent en faire partie ou pas. Les communes n'auraient plus qu'à attendre devant la porte avec des panneaux de protestation.*

*Fränz Schwachtgen tient aussi à ce que le principe du pollueur payeur joue pour les industriels. Qui doit payer la reconversion? Les bénéfices engendrés ont contribué au bon niveau de vie dans le pays, mais ils ont aussi enrichi du monde.*

*L'opposition formelle, si elle est approuvée à l'unanimité, constituera un signe fort. Ensuite, à partir de janvier 2018, le collège échevinal devra rencontrer les différents acteurs et préparer les arguments et les stratégies avec le soutien de la commission de l'environnement dont Fränz Schwachtgen est président, des associations pour l'environnement, les comités politiques locaux et nationaux et, pourquoi pas, des initiatives citoyennes.*
*Fränz Schwachtgen suggère au collège échevinal de contacter un bon avocat, car le nouveau projet ne respecte peut-être pas toutes les lois.*
*En tout cas, il est temps de créer les conditions adéquates sur le site en questions, et ce, dans le respect de l'homme et de la nature.*
*Fränz Schwachtgen espère ne pas avoir été trop long.*

**SERGE GOFFINET (LSAP)** *constate que M. Schwachtgen a pratiquement tout dit. C'était un cours d'histoire.*

**ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)** *répond que M. Schwachtgen fait partie de l'histoire.*

**SERGE GOFFINET (LSAP)** *ajoute que l'on voit qu'il a été instituteur. Et il se fait passer pour plus vieux qu'il n'est.*
*Serge Goffinet a travaillé pour Arcelor. Quand on travaillait dans l'atelier, il était habituel de déverser le matériel d'isolation et les boues sur le crassier. C'était normal. Serge Goffinet ne sait pas si d'autres voudront en témoigner, mais lui l'a fait. On conduisait les tonneaux dans le crassier et on les y laissait. Et si un tonneau tombait en chemin, tant pis.*
*La situation était semblable au Ronnebierg. L'oncle de Serge Goffinet y était garde à Belvaux. Il est mort relativement jeune d'un cancer des poumons. Il souffrait aussi d'un cancer de la gorge.*
*La situation pour Differdange n'est pas nouvelle puisqu'on y déverse déjà tous les déchets. Differdange est la poubelle nationale et on ne se donne pas les moyens de changer les choses. Differdange a les fours électriques et le Ronnebierg. Cela suffit.*

drëm geet: wer soll das bezahlen? De Benefice ass jo héchstwahrscheinlech gemaach. De Benefice huet jo eise Liewensstandard e bësse bewierkt. En huet awer och anerer e bësse méi räich gemaach an op jidde Fall net méi aarm gemaach.

Wa mer déi Opposition formelle ausdrécken – hoffentlech mat alle Stëmmen heibannen –, setze mer e wichtegt Zeechen an där Debatt, déi elo ugekierpt ass.

Duerno – an dat ass dann ab Januar 2018 –, ass et d'Aufgab hei vum Gemengen- a Schäfferot, sech mat allen Acteuren zesummenzesetzen innerhalb vun der Gemeng. Dat ass natierlech, fir eis Argumenter, Iwwerleeungen a Strategië festzeleeë mat Ënnerstëtzung vun eiser Ëmweltkommissioun, wou ech d'Éier hunn, President ze sinn, den Ëmweltvereenegungen, déi mer och schonn iwwert dësen Dossier informéiert hunn an de politesche Gremien, national a lokal. A firwat net fréier oder spéider mat enger engagéierter Biergerinitiativ?

Eis Gemeng wier och gutt beroden, sech direkt juristesch opzestellen – do geet et jo finalement drëm, wat fir Gesetzer verletzt gi mat engem eventuellen neie Projet –, dass mer do kënne mat engem gudden Affekot dogéint reagéieren, dee Moment, wou et opportun ass.

Mir mussen also endlech regulär Bedéngungen am Aklang mat Mënsch an Natur op dësem Site duerchsetzen.

Ech soen iech Merci am Numm vun déi gréng.

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Merci.

**FRENZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG):**

Ech war hoffentlech net ze laang.

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Här Schwachtgen, dat war ganz gutt.

Här Goffinet, Dir hutt d'Wuert.

**SERGE GOFFINET (LSAP):**

Merci un den Här Schwachtgen. En huet elo bal alles gesot, wat ze soe war. En huet eis scho bal e Geschichtsunterrecht ginn.

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Den Här Schwachtgen ass Geschicht.

**SERGE GOFFINET (LSAP):**

Hien ass Geschicht an et mierkt een, dass e Schoulmeeschter war. E mécht sech méi al, wéi en ass.

Ech hu selwer op der Arcelor geschafft. Ech hu meng Léier do gemaach. Ech hunn am Atelier geschafft. Am Atelier war et Usus, d'Fässer, d'Isolatiounsmaterial an de Kofferschlamm zesummenzepaken an op de Crassier ze féieren. Et muss een emol kloer an däitlech soen, dass dat esou war an net aneschters. Et war ganz normal, dass an engem Betrib einfach ewechgeschott ginn ass. Ech weess net, ob nach aner Leit dat wëlle bezeien. Op jidde Fall kann ech et bezeien, well ech hunn et selwer gemaach.

Ech si selwer ugestallt ginn. Mir hunn et eropbruecht. Mir hunn d'Fässer dohinner gesat an da bass de erëm getréppelt. Hues de e Faass ënnerwee verluer, war et ebe gutt fort. Dat war esou. Esou krass ass getippt ginn op der Schmelz.

De Ronnebierg war ähnlech. Mäi Monni war Garde zu Bieles um Ronnebierg. Deen ass eran- an erausgefuer. Deen ass u Longekriibs gestuerwen. En hat och Halskriibs. En ass net ganz al ginn. Fir just eng kleng Anekdot dozou ze ginn.

De Site hei besteet schonn eng Zäitchen. E besteet nach ëmmer. Et ass elo net, dass mer eppes Neies hei hunn. Mir wëssen hoergenee, dass déi Problematik net op eemol vum Himmel gefall kënnt. All Dreck gëtt momentan nach ëmmer op Déifferdeng geschott. Déifferdeng ass d'Poubelle vun der Landesplanung, well sech einfach keng Moyene gi ginn, fir dass mer vun Déifferdeng ewech kënne kommen.

Mir hu genuch Dreck hei zu Déifferdeng. Mir hunn déi Elektroiewen. Mir

hunn de Ronnebierg. Ech mengen, et géif elo esou lues awer duergoen. Eis Bierger hunn och definitiv e Recht op eng besser Loft.

Den Här Schwachtgen sot, datt vu vir eran de Crassier sollt sanéiert ginn. Mir hu keng Uni Lëtzebuerg wéi um Plateau Belval, deen e bësse besser sanéiert ginn ass. Ech kéint mer net virstellen, dass eng Uni do géif stoen op engem onsanéierten Terrain. Ech weess aus der Ëmweltkommissioun déi Zäit, datt ëmmer geschwat ginn ass, fir de Crassier ze sanéieren. Dat ass keng al Fuerderung. Dat ass souguer schonn eng ural Fuerderung.

Dat anert, de Cloos gëtt hei geholl iwwer ArcelorMittal, dass d'Arcelor u sech hiren Dreck lassgëtt fir wahrscheinlech bëllegt Geld. Ech ka mer net virstellen, dass et aneschters ass. An dass wahrscheinlech och anerer wéi ArcelorMittal hiren Dreck kënnen dohinner tippen. Ech ka mer net virstellen, dass dat eng reng ArcelorMittals-Geschicht gëtt. Dat steet jo néierens am Dossier. Ech ka mer virstellen, dass dat wahrscheinlech esou ähnlech wäert sinn.

Momentan stelle sech natierlech vill Froen. Den Dreck, huet den Här Schwachtgen gesot, gëtt op Déifferdeng gefouert vun de Sitten. De Monnerecher Dreck gëtt och op Déifferdeng getippt. Déi Schoul, déi gebaut ginn ass… Do hate mer och Dreck. Deen hu mir selwer missen dohinner tippen, well keng aner do ass. Dat muss ee sech och emol bewosst sinn. Also si mer wierklech nach ëmmer d'Poubelle vum ganze Land.

Iwwert d'Loftqualitéit hat ech scho geschwat. Ech si vum Fousbann. Aus der Zolwerstrooss hannenaus gesinn ech selwer, wéi et stëbst, wéi et flaamt a wéi dreckeg et ass.

Mat deem System entwéckelt sech eng Cloche mat dräi Plateauen: Lëtschet, Zolwerknapp an dann – ech weess net, wéi mer deen dote géife nennen – e Knaschtknapp. Dat géif wahrscheinlech eng Cloche ginn. Da kriss de guer keng Loft méi eraus. Keng richteg Circulatioun. Dat géif deen nächste Problem ginn.

Wat hat ech mer nach hei opgeschriwwen? 10 bis 40 Joer. Dat ass eng laang Zäit. Mat 40 Joer mat esou enger Belaaschtung sinn all déi Efforten, déi zu Déifferdeng gemaach gi sinn, séier futti gemaach. Et wëll keen an enger Stad wunnen, déi esou dreckeg gëtt duerch Stëbs, Elektroiewen an aner Saachen.

Grondwaasser a Sickerwaasser… Den Här Mersch hat gesot, dee Moment géif wahrscheinlech d'Grondwaasser an d'Sickerwaasser d'Korn verknaschten. Do si mer jo och um Wee, fir déi awer iergendwéi e bësse propper ze kréien. Dat wier dann och alles hifälleg.

Dee ganzen Dossier bleift net op enger Wiss leien. Esou gëtt dat bei eis genannt op der Eisebunn. Dat ass en Dossier, wou een natierlech muss dergéint virgoen.

Merci.

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Goffinet.

Weider Wuertmeldungen? Här Jerry Hartung, w.e.gl.

**JERRY HARTUNG (CSV):**

Här Buergermeeschter, léif Memberen aus dem Schäffen- a Gemengerot. Liest een dës Rapporten, stellen ech fest, datt schéi Wierder geholl ginn, fir eppes ze ëmschreiwen, wat guer net esou schéin ass. Au contraire. Ech sinn erschreckt, wéi hei d'Gesondheet vu Mënsche riskéiert gëtt, fir datt d'Firmae Profit kënne maachen. Amplaz dëse Standuert endlech ze sanéieren, wéi wuel an der Vergaangenheet schonn ofgeschwat gouf, wëllen d'Firmaen déi Gëftstoffer mat enger Leemschicht bedecken an da maachen, wéi wann dës net do wieren. Firwat? Just fir weider geféierlech Offäll vun der Industrie dohi kënnen ze tippen.

Dat géif heeschen, datt den Dreck, dee jo elo schonn do läit, fir ëmmer bedeckt wär, ongeschützt do géif leie bleiwen a weider lues a lues an de Buedem sickeren. Wat drop soll getippt ginn, ass och net ongeféierlech. Eng weider Verschmotzung vun der Loft kann dëst mat sech bréngen.

*M. Schwachtgen a dit que le crassier devait être assaini. Mais cette requête est extrêmement ancienne. À travers Cloos, ArcelorMittal souhaite se débarrasser de ses déchets à petit prix. Mais Serge Goffinet ne croit pas que seul ArcelorMittal utilisera la nouvelle décharge.*
*Les déchets de Mondercange sont déversés à Differdange. Même chose lorsque l'école a été construite, puisqu'il n'y a pas d'autre décharge. Serge Goffinet répète que Differdange est la poubelle du pays.*
*Lui même habite au Fousbann. Il sait donc combien de poussière et de saleté il y a derrière la route de Soleuvre.*
*En plus, avec le Zolwerknapp et Lëtschet, la décharge — que l'on pourra appeler «Knaschtkapp» formera une sorte de cloche où l'air ne pourra pas circuler.*
*Dix et quarante ans représentent une longue période. Cela suffira amplement à réduire à néant tous les efforts faits par Differdange jusqu'ici. Car personne ne veut vivre dans une ville polluée par les fours électriques, la poussière…*
*En ce qui concerne l'eau, M. Mersch a expliqué que la nappe phréatique et l'eau d'infiltration polluent la Chiers. Là aussi, les efforts faits pour l'assainir deviendront inutiles. Bref, la Ville de Differdange ne doit pas se laisser faire.*

**JERRY HARTUNG (CSV)** *a l'impression, en lisant les rapports, que l'on essaie d'embellir une situation qui n'a rien d'agréable. Il se dit effrayé du fait que l'on joue avec la santé des personnes au nom du profit. Au lieu d'assainir le site comme cela était prévu, les entreprises veulent recouvrir les substances toxiques avec de la terre glaise et faire comme si de rien n'était. Avec comme objectif de continuer à y déverser des déchets industriels dangereux. Cela signifie que les déchets resteraient couverts pour toujours que les substances dangereuses continueraient à s'infiltrer.*
*Jerry Hartung remercie M. Mersch pour son travail. Il a expliqué qu'il n'existe pas de concept pour la nappe phréatique et les eaux d'infiltration.*
*Le rapport parle d'une station d'épuration, mais celle-ci reste uto-*

*pique pour le moment. Même chose pour la promesse d'une amélioration dans quarante ans. C'est maintenant qu'il faut agir.*
*Beaucoup de personnes habitent autour du site. Quand on voit le manque de professionnalisme dans la gestion des décharges jusqu'à présent, on ne peut que secouer la tête à l'idée que ces sociétés effectuent des contrôles elles-mêmes.*
*Comme l'a dit M. Schwachtgen, la commune doit se laisser conseiller juridiquement.*
*Le CSV est fermement opposé à l'idée de déverser des substances dangereuses à Differdange et soutiendra l'opposition formelle.*

**FRANÇOIS MEISCH (DP)** *constate que ce dossier est un cadeau empoisonné après les élections. Deux décharges doivent être aménagées sur le crassier: une pour 6,7 millions de mètres cubes de déchets inertes sur 10 ans et une pour 2,6 millions de mètres cubes de sous-produits pendant 40 ans.*
*Au bout de 40 ans, la décharge atteindra une hauteur de 56 m. Cela tient de l'incroyable quand on sait tout ce que l'on a imposé au fil du temps à la Ville de Differdange et à ses habitants. François Meisch espère que les gens protesteront avec la même énergie que lors de l'aménagement du Ronnebierg. Il se souvient qu'enfant, il était lui-même allé protester.*
*La motion provisoire présentée au conseil communal contient de nombreux points négatifs. Il est évident qu'il faille assainir les anciennes décharges avant de lancer de nouveaux projets. Actuellement, les eaux d'infiltration non traitées finissent dans la Chiers. En plus, on ne peut pas simplement recouvrir les anciennes décharges, car les éléments stockés ne seraient plus jamais accessibles. François Meisch mentionne aussi le bruit, la poussière et la qualité de l'air. En outre, le dossier n'est pas complet, car il manque des données récentes et il ne tient pas compte des bouleversements écologiques occasionnés par une montagne de soixante mètres.*
*Les démocrates veulent protéger la population. Differdange ne doit pas rester la poubelle du pays. C'est*

Wéi mer vum Här Mersch – Merci fir Är Aarbecht – erkläert kruten, ass dat Konzept fir d'Grond- an d'Sickerwaasser och net garantéiert.

Am Rapport gëtt vun enger Kläranlag geschwat, déi, wéi mer dann elo hei héieren hunn, am Moment just Utopie ass. Alles, fir alles ze verschéineren.

Datselwecht gëllt fir déi Verspriechen, fir a 40 Joer alles méi schéin a besser ze maachen. Et soll a muss elo eppes do geschéien.

Wann ee kuckt, wou dat läit, ass ronderëm dicht bewunnt zu Suessem an Déifferdeng. Eng vill bewunnte Géigend, wou vill Leit a Kanner wunnen a spillen. Wann een dann héiert, wéi dilettantesch dës Firmae mat de Gëftstoffer an der Vergaangenheet ëmgaange sinn – an déi wäerte sech da solle selwer kontrolléieren oder wuel och net – kann ee just de Kapp rëselen.

Ech ka mech och just de Wierder vum Här Schwachtgen uschléissen, datt d'Gemeng sech soll juristesch gutt opstellen, fir wierklech géint dësen Dossier kënne virzegoen.

D'CSV ass vehement géint d'Pläng, fir weider geféierlech Substanzen ze tippen an ënnerstëtzt d'Opposition formelle vum Schäfferot.

Merci.

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Merci och, Här Hartung.

Här Meisch Fränz, w.e.gl.

**FRANÇOIS MEISCH (DP):**

Dir Dammen an Hären aus dem Schäffen- a Gemengerot, dat do gesäit am Fong no engem flotte Cadeau empoisonné kuerz no de Wahlen aus.

Um Crassier – ech widderhuelen e puer Wierder – sollen also zwou nei Deponië bäikommen. Eng fir sougenannt Inertstoffer – 6,7 Millioune Meterkibb – mat enger Lafzäit vun zéng Joer an eng Zweet fir By-products, wéi se dat nennen – 2,6 Millioune Kubikmeter –, mat enger Lafzäit vu 40 Joer. Dat op dem Gebitt vun de Gemenge Suessem an haaptsächlech eiser Gemeng Déifferdeng.

Fir et bildlech duerzestellen, no enger Betribsphas vun zéng respektiv 40 Joer, soll sech e Bierg vu 56 Meter opgetiermt hunn. Mat allem, wat d'Gemeng Déifferdeng an deem Beräich iwwer Joerzéngte scho matgemaach huet a wat der Déifferdenger Bevëlkerung zougemutt gouf, ass dat no natierlech e staarkt Stéck.

Ech hoffen, dass mer mat därselwechter Energie probéieren, dat Bescht fir eis Bierger erauszehuele wéi beispillsweis deemools, wou et ëm de Ronnebierg goung. Ech wäert éiweg verhalen, wéi ech deemools als klenge Bouf och e Protestschëld an de Grapp gedréckt krut.

An der provisorescher Motioun, déi eis virläit, begréisse mer, dass zahlreich negativ Punkten ervirgehuewe ginn. Natierlech mussen al Deponien op deem Terrain sanéiert ginn, ier nei Projete lancéiert solle ginn.

Bestätegt ass jo, dass aktuell onbehandelt Sickerwaasser bis an d'Chiers gelaangt. Och kann et net sinn, dass eng al Deponie einfach iwwerbaut gëtt an doduerch agelagert Material net méi zougänglech wär. Gëtt eng al Deponie sanéiert an een Neibau virgeholl, muss et och zu enger noweislecher Verbesserung vun der Ëmweltqualitéit kommen.

Beispiller ginn am virgeluechten Text jo genannt. Uewerflächen- a Sickerwaasser, Kaméidi, Stëbs, Loftqualitéit, fir nëmmen déi ze widderhuelen. An all deene Beräicher muss een och kënnen op aktuell Referenzdaten zréckgräifen, wat am Dossier kaum de Fall ass. Theme wéi Ökosystemer, Aarteschutz, Verschiebung vu Loftstréim duerch en neie Bierg vu bal 60 Meter a Landschaftsbild ginn eis ze denken. Do ass den Dossier definitiv net komplett.

Mir brauche kloer Fakten. Déi gëtt et zur Zäit net. Veraalt Referenzen, Prognosen ouni Erfahrungswäerter a ganz vill Fragezeichen.

Der DP Déifferdeng geet et an dësem Stadium drëm, eis Bierger ze schützen. Déifferdeng huet an där Hisiicht schonn

een deiere Präis bezuelt an der Vergaangenheet an och haut nach. Déifferdeng däerf – et gouf scho gesot – net d'Poubelle vu Lëtzebuerg bleiwen.

All Detailer a Fakte mussen um Dësch leien. Den aktuelle Wëssensstand ass inakzeptabel. D'Opposition formelle geet an déi richteg Richtung. Dofir stëmme mir déi och mat.

Zum Schluss wëlle mer nach dem Expert Jacques Mersch Merci soen – an der ganzer Equipe aus dem Haus – fir déi kompetent Aarbecht.

Ech soen iech Merci.

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Meisch.

Den Här Gary Diderich, w.e.gl.

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):**

Merci, Här Buergermeeschter, léif Kolleeginnen a Kolleegen aus dem Gemengerot. Technesch gesinn, ass alles gesot. Et ass en Dossier, deen dilettantesch zesummegestallt ass, wou op 40 vu 60 Säiten esou Zesummefaassunge gemaach ginn, wat nach alles muss ënnersicht ginn. Et huet een d'Gefill, wéi wann d'Zil gewiescht wär, esou oft wéi méiglech dohinner ze schreiwen „Kein weiterer Untersuchungsbedarf". Well dat géif jo och nach Käschte bedeiten, nach weider Ënnersichungen ze maachen.

Op enger Plaz gëtt souguer gesot, d'Resultater entspriechen den Erwaardungen. Wann een Erwaardungen huet an et wëll een, dass den Dossier deenen Erwaardungen entsprécht, kann een och direkt soen, mir wëllen, dass dat dobäi erauskënnt. A mir maache mol net, wéi wa mer 60 Säite géifen zesummestellen, déi iergendeppes sollten aussoen. Oder esou maachen, wéi wann eppes wierklech analyséiert gi wär.

Hei ass net vill analyséiert ginn. Et ass zréckgegraff ginn op Saachen, déi schonn do waren. Dat weist schonn, wéi eescht am Fong d'Natur an de Mënsch geholl ginn an där doter Saach.

Wat mech e bësse stutzeg mécht bei der Unanimitéit, déi mer awer hei hoffentlech wäerten hunn, ass, dass ech dat doten ugeschwat hat, wéi et drëm gaange war, an der Konventioun fir den Hadir-Tower de Buedem ewech ze schafen.

Ech hat deemools gefrot, wat déi Décharge historique ass. Wéi ass dat ofgeséchert? Do hat ech hei verséchert kritt vun deene Parteien, déi elo soen, mir wären d'Poubelle vu Lëtzebuerg an et wär inakzeptabel, dass déi Decharge esou bedriwwe gëtt, wéi se bedriwwe gëtt, dass et e Kommodo gëtt an datt ech dee geschéckt géif kréien. Do wier näischt ze fäerten. Do wier alles an der Rei.

Dobäi huet den Här Schwachtgen elo gesot, dass et eng Tatsaach ass, dass dat zanter 20 Joer onkontrolléiert funktionéiert. Da sinn ech deemools schonn desinforméiert ginn, wéi et drëm gaange war, d'Konventioun fir den Hadir-Tower ze stëmmen, wou déi Décharge historique och esou dra stoung. Dat erschreckt mech an dat revoltéiert mech.

Ech hoffen awer, dass eis Prise de conscience esou wäit ass, dass mer am Fong geholl während Joren beschwichtegt gi sinn. Dass mer geduecht hunn, dat wäert eng Kéier e gudden Ofschloss fannen. Oder dat gëtt anstänneg ofgeschloss.

Mir gesinn hei, datt d'Intentioun éischter ass, esou wäit wéi méiglech domadder ze goen, wéi déi Betriber et nëmme kënnen, fir dass se hir Aktivitéit esou kënnen entwéckelen, dass et hinnen zegutt kënnt als Entreprisen. Dee ganzen industriellen Dossier, huet eng laang Geschicht zu Déifferdeng, wou ëmmer erëm d'Mënschen an d'Natur hu missen drënner leide fir d'Beräicherung vun deenen, déi sech de Bien public – also eise Bierg an eis Ressourcen – ugëeegent hunn, fir dorausser Räichtum ze maachen, deen net gerecht verdeelt ginn ass.

Mir ënnerstëtzen op jidde Fall déi Opposition formelle, souwéi se proposéiert ass. Et ass ausser Fro, dass do nach weider opgetippt gëtt. Mä mir mussen awer zousätzlech zu deem, wat do dra steet, och eis zesummen eens ginn, wéi mer do kënnen aktiv ginn, dass déi Décharge historique sanéiert gëtt, egal,

*pourquoi ils approuveront l'opposition formelle.*
*François Meisch remercie M. Mersch ainsi que les équipes communales.*

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK)** *constate que tous les éléments techniques ont été mentionnés. Le dossier n'est pas professionnel. On y retrouve des résumés sur quarante pages de ce qu'il reste à analyser. Gary Diderich a l'impression qu'il s'agissait d'écrire autant de fois que possible que des analyses supplémentaires ne sont pas nécessaires. En effet, cela coute.*
*À un endroit, le dossier dit même que les résultats correspondent aux attentes. Or, si l'on a des attentes, cela signifie que l'on souhaite des résultats bien précis. Cela montre que ces analyses n'ont rien de sérieux. Que l'on ait recouru à des données préexistantes prouve le peu d'importance que l'on accorde à la nature et aux hommes.*
*Ce qui intrigue Gary Diderich, c'est qu'il avait déjà abordé cette question dans le cadre de la convention portant sur la tour Hadir. À l'époque, les partis qui s'offusquent aujourd'hui du fait que Differdange soit la poubelle du Luxembourg lui avaient répondu qu'il n'avait rien à craindre et que tout était en ordre. Or M. Schwachtgen vient de confirmer qu'il n'y a aucun contrôle depuis vingt ans. Bref, Gary Diderich a été désinformé, ce qui est révoltant. La commune a été tenue tranquille pendant des années et tout le monde espérait que cela se terminerait bien.*
*Mais en fait, on se rend compte aujourd'hui que l'intention des entreprises est celle d'aller aussi loin que possible afin d'en tirer des avantages. L'histoire industrielle de Differdange montre comment les habitants et la nature ont dû souffrir pour que d'autres puissent exploiter les ressources de la ville et s'enrichir sans que cette richesse ne soit redistribuée équitablement.*
*Déi Lénk soutient l'opposition formelle telle qu'elle est proposée. Les conseillers communaux doivent décider de la façon de procéder pour que la décharge historique soit assainie avant tout autre projet. La pollution de la Chiers indique clai-*

*rement qu'il est temps d'agir, peu importe ce que dit le dossier.*
*L'opposition formelle ne constitue qu'une réaction à un dossier. Il faut la transformer en action, car actuellement, la décharge est active même sans nouveau projet.*

**ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)** *cède la parole à M. Ruckert, qui a déposé une motion.*

**ALI RUCKERT (KPL)** *constate que M. Schwachtgen a longuement parlé de la décharge historique. Ce n'est pas comme si les conseillers communaux faisaient face à une surprise. Il y a dix ou vingt ans, le comité de l'Arbed a expliqué que l'usine ne déversait pas seulement les déchets d'un atelier dans la décharge, mais absolument tous les déchets. À l'époque, personne n'a réagi.*
*Ali Ruckert ajoute que la pollution n'est pas seulement causée par les aciéries électriques. Les boues de l'usine LDAC étaient aussi toxiques.*
*On a aussi beaucoup discuté du principe du pollueur payeur. Mais c'est de la théorie. En fait, il s'agit de se débarrasser de poison de la façon la moins chère possible. Car il ne faut pas entamer les bénéfices.*
*Ali Ruckert souligne l'ironie du fait que la terre polluée que la commune a achetée à ArcelorMittal pour le lycée finisse elle aussi à la décharge. C'est ce qui coute le moins cher. La décharge n'accueille d'ailleurs pas seulement les déchets d'ArcelorMittal Differdange, mais aussi d'autres sites comme Bissen.*
*Il est temps de réagir, car actuellement, on essaie de faire passer en force les nouveaux projets pour que cela ne s'ébruite pas. En plus, une partie de la décharge historique doit être scellée, ce qui empêcherait à jamais l'accès aux substances toxiques.*
*Or, aujourd'hui déjà, l'eau qui s'infiltre dans la décharge pollue la Kalekerbaach et la Chiers. Le sol n'est pas imperméable. À l'époque, personne n'a réfléchi à une solution dans les règles de l'art. On s'est contenté de dire que l'eau ne passerait pas. Mais cela s'est révélé faux.*

wat kënnt, an egal, ob eppes nach soll drop kommen. Déi muss sanéiert ginn.

Wa mer kucken, wat alles gesot ginn ass a wat mer hei vu Resultater virleien hunn, wa mer gesinn, wéi eng Belaaschtung fir d'Kor nach ëmmer vun där Decharge ausgeet, och wann den Dossier seet, datt mer net wëssen, ob et vun deem ass, wat uewendriwwer ass oder vläicht vu Mineralien, déi schonn zënter den Dinosaurier do leien, musse mer dat ugoen.

Dat vermëssen ech an där Opposition formelle. Dat ass jo elo just emol eng Reaktioun op en Dossier, dee komm ass. Mir mussen déi Prise de conscience zu enger Aktioun ëmsetzen, wou mer soen, dat dote muss elo ugaange ginn. Well aktuell kënne jo weider Saachen do deposéiert ginn. Och ouni deen dote Projet wäert déi Deponie weider aktiv sinn, wann näischt geännert gëtt.

Ech soen Iech Merci.

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Merci och, Här Diderich.

Här Ruckert, w.e.gl. Ech wëll nach soen, datt den Här Ruckert eng Motioun ausgedeelt huet.

**ALI RUCKERT (KPL):**

Här Buergermeeschter, Dir Dammen an Dir Hären, hei ass e puermol vun enger historescher Deponie geschwat ginn. Den Här Schwachtgen ass jo méi agehend dorop agaangen. Ech wëll dozou nach zousätzlech eppes soen.

Et ass jo net esou, wéi wa mer elo vun där Saach géifen iwwerrascht ginn. Ech ka mech erënneren, net virun engem Joer, mä virun zéng oder zwanzeg, huet den Ausschuss vun der ARBED doriwwer geschwat, dass net nëmmen aus engem Atelier géif eppes dohinner getippt ginn, mä dass all Knascht an all Gëft vun der ganzer Schmelz géifen dohinner getippt ginn. Deemools ass awer keng Reaktioun komm, well dat jo och nëmmen d'Aarbechter waren, déi dat festgestallt haten. Dat war jo net esou wichteg.

Och deemools – also net nëmme mat deenen neien Elektrostolwierker – ass Gëft dohinner getippt ginn. Et ass jo net esou, wéi wann de Schlamm aus dem LDAC-Stolwierk ongëfteg wär. Och deen ass gëfteg. Al Ueleger sinn all dohinner getippt ginn.

Grad bei der Diskussioun ëm de Ronnebierg, ass vill geschwat ginn iwwert de Principe Pollueur-payeur. Dass deen, deen de Knascht mécht, och misst derfir opkommen. Dee misst bezuelen.

Hei gesi mer, datt dat Theorie ass. Hei gëtt op déi bëllegst Aart a Weis Gëft ofgetippt an et gëtt sech weider net drëm gekëmmert. Dat féiert natierlech derzou, dass dann och d'Profitter e bësse méi héich ginn.

Et ass natierlech e bëssen eng Ironie, dass dee belaaschten Terrain, wou elo dee Lycée gebaut gëtt an deen d'Gemeng grad vun ArcelorMittal kaaft huet, déi dofir zoustänneg war an der Vergaangenheet, och elo op déi Deponie kënnt. Mä dat ass awer d'Realitéit. Hei handelt et sech also ëm eng bëlleg Alternativ, déi nach weidergefouert gëtt. Wou awer net nëmmen Industrie-Müll ebe vun ArcelorMittal Déifferdeng getippt gëtt, mä och vun anere Wierker. Den Numm Biissen ass och schonn hei gefall.

Et ass kloer, dass do muss eppes ënnerholl ginn. Dat Schlëmmst natierlech bei där Saach ass, dass elo versicht gëtt, an engem Hauruck-Verfahren déi ganz Saach iwwert d'Bün ze kréien. Dass also net soll vill an der Ëffentlechkeet driwwer diskutéiert ginn. Dass en Deel vun där sougenannter historescher Deponie – also vun der Stolindustrie-Deponie – och nach esou soll zougemaach ginn, dass een net méi un dee Gëftmüll do erukënnt.

Elo ass awer schonn haut bekannt, dass duerch déi Gëftdeponie och d'Sickerwaasser d'Kalekerbaach belaascht an doriwwer eraus natierlech och d'Kor. Wann dat zougebaut gëtt, ass et kloer, dass een un näischt méi erukënnt. Well wéi hei schonn drop higewise ginn ass, gëtt et keng dicht Ënnerlag. Et ass also net esou, wéi wann do fachgerecht eppes virun e puer Joerzéngte gemaach gi wär. Do ass och nach keen op déi Iddi komm, dat ze maachen. Et ass einfach gesot ginn, déi Schichten, déi do leien,

loossen näischt duerch. Wat awer, wéi mer gesinn hunn, net de Fall ass.

Als Vertrieder vun der Kommunistescher Partei sinn ech der Meenung, ier iwwerhaapt eng Diskussioun gefouert gëtt, fir iwwer eng nei Deponie ze schwätzen, wat fir eng dat och ëmmer ass, dass misst iwwert déi Sanéierung vun där besteeënder Deponie diskutéiert ginn an dat och duerchgefouert ginn.

Hei ass op eng Rei Saachen higewise ginn, déi wierklech alarmant sinn. Déi éischt Saach, ass déi Saach mam Sickerwaasser, wou jo och duerch déi Salzen, déi an d'Waasser kommen, eng vollstänneg Verschlammung vun enger Baach oder vun engem Floss ka geschéien.

Et ass och interessant, dass déi flaach an déif Buerungen, déi gemaach gi sinn, absolutt net méi aktuell sinn. Dass also versicht gëtt, d'Leit mat engem Dossier, deen ural ass, de Leit ze soen, mir hunn dat gemaach an et ass awer net esou schlëmm. Déi Buerungen, déi gemaach gi sinn, ginn einfach duergeluecht, wéi wann et haut esou wier. A Wierklechkeet verännert sech an zéng oder zwieleef Joer ganz vill.

Ganz schlëmm wär natierlech och, wann d'Grondwaasser scho belaascht wär. Och dat misst mol fir d'Éischt analyséiert ginn, a wat fir engem Mooss. Dat muss gekläert ginn.

Do sinn also ganz kloer weider Ënnersichungen erfuerderlech. Et kann een net soen, am Dossier wier alles gesot. Do bräicht näischt weideres méi gemaach ze ginn.

Iwwert de Kaméidi ass geschwat ginn. Et existéiert souwisou schonn e gewëssene Grond-Kaméidi. Ech ka mer net virstellen, dass esou Aktivitéiten net zousätzleche Kaméidi géife produzéieren. Sinn eigentlech scho Miessungen duerchgefouert ginn? Ech hu keng Kenntnis dovun. Ass mat den Awunner geschwat ginn? Wahrscheinlech net.

Deeselwechte Problem stellt sech mat der Loft, wou hei scho gesot ginn ass, wann en neie Bierg entsteet vu 56 Meter oder vläicht souguer méi héich wéi de Kamäin vum Elektrostolwierk, verännert sech d'Situatioun vun der Loft total am Kordall.

Ganz lächerlech ass natierlech, wa gesot gëtt, et wier alles an der Rei. Wa Miessunge vun Esch geholl ginn aus dem Joer 2005, fir dann ze soen, hei funktionéiert alles tipptopp.

Et sinn zwou Zuele genannt ginn. Déi Deponie fir Inertstoffer – e groussen Deel fir Bauschutt – an déi Deponie fir gëftegen Industriemüll. Déi eng zéng Joer, déi aner 40 Joer. Mä wie seet eis dann, dass et wierklech 40 Joer sinn. Dass et net 50 Joer ginn oder méi. Souwäit ech weess, ass an enger Versammlung doriwwer geschwat ginn, dass emol 40 Joer agesat gi wieren. Et muss ee jo iergendeng Zuel asetzen. „Mir hunn emol 40 Joer agesat." Do gesäit een, dass dat net ganz seriö ass, wéi do geschafft gëtt.

D'Fro vum Stëbs ass ugeschwat ginn. Mir wëssen duerch déi Miessungen, déi 2017 an der Woiwer Strooss gemaach gi sinn, dass d'Stëbsbelaaschtung zimlech zougeholl huet. Do muss also och eng Léisung komme fir d'rue Woiwer a fir d'Cité Grey. Do muss eppes ënnerholl ginn onofhängeg dovun, ob eng weider Deponie kënnt oder net.

Vum Schäfferot war eng Motioun ugekënnegt ginn, där hiren Inhalt awer net bekannt war.

Als Vertrieder vun der Kommunistescher Partei hunn ech eng Motioun deponéiert. Déi setzt sech am Fong aus engem Saz zesummen. Ech wëll se dofir och virliesen. Wou dra gesot gëtt, dass iwwerhaapt, ier eng Diskussioun lassgeet iwwer aner Deponien, déi besteeënd Industriemüll-Deponie grondsätzlech misst sanéiert ginn.

Déi Motioun huet folgende Wuertlaut: „Angesichts des Vorhabens der Firma Cloos auf dem Gelände der Schlackenhalde in Differdingen eine Bauschuttdeponie und eine Deponie für giftigen Industriemüll einzurichten und die bestehende seit Jahrzehnten genutzte Deponie für giftigen Industriemüll zu überbauen, erklärt der Differdinger Gemeinderat, dass er grundsätzlich keinen neuen Deponien auf dem Gelände der Schlackenhalde zustimmen wird, sofern zuvor nicht klargestellt ist, dass die bestehende Deponie für giftigen In-

*Ali Ruckert est d'avis que la réalisation d'une nouvelle décharge est impensable si l'on n'assainit pas au préalable l'ancienne. L'eau d'infiltration contient des sels pouvant conduire à l'envasement d'un ruisseau ou d'une rivière.*
*En plus, les forages cités dans le dossier ne sont pas actuels. Or le dossier les présente comme des faits. Mais les choses évoluent en 10 ou 12 ans.*
*Il faut aussi analyser le niveau de pollution de la nappe phréatique. Bref, le dossier n'est pas complet.*
*Pour ce qui est des nuisances sonores, Ali Ruckert ne peut pas croire que ce type d'activités n'occasionnent pas de bruit. Il n'est pas au courant de mesurages. En a-t-on discuté avec les habitants?*
*En ce qui concerne l'air, une colline de 56 m — et peut-être même plus élevée que la cheminée de l'usine électrique — va apporter des changements.*
*Il est de toute façon ridicule de prétendre que tout va bien aujourd'hui à Differdange en se basant sur des analyses faites à Esch en 2005.*
*Il est question de deux décharges: celle pour les déchets inertes et celle pour les déchets industriels toxiques. L'une aura une durée de vie de dix ans et l'autre de quarante. Mais rien ne dit qu'à la fin, ce ne seront pas cinquante ans ou plus. On a rapporté à Ali Ruckert qu'il fallait bien mettre un chiffre – et donc pourquoi pas quarante. Ce n'est pas sérieux.*
*Les analyses de 2017 ont montré que la pollution due à la poussière dans la rue du Woiwer a augmenté. Il faut trouver une solution, nouvelle décharge ou pas.*
*Le collège échevinal voulait déposer une motion dont le contenu n'est pas connu. C'est pourquoi Ali Ruckert a lui aussi déposé une motion demandant que la décharge industrielle existante soit assainie avant de lancer une discussion sur une nouvelle décharge. Le conseiller communal lit sa motion.*

**ERNY MULLER (LSAP)** *revient sur la question de l'assainissement du terrain d'ArcelorMittal, le lycée et la tour Hadir. À l'époque, il était responsable des travaux en tant qu'échevin. C'est ArcelorMittal qui a assaini le terrain en tant que pollueur. Ce sont eux qui ont décidé de déverser les déchets sur leur décharge et pas la commune.*
*Il est vrai que pour des questions de temps, la commune a soutenu cette décision lorsqu'il a fallu assainir le terrain du centre de recyclage. Mais c'était à ArcelorMittal d'assainir le terrain.*

**GUY TEMPELS (CSV)** *remercie M. Mersch pour sa présentation. Le dossier est complexe. Le CSV s'oppose à la création d'une nouvelle décharge alors que l'ancienne pose encore problème.*
*Dans un premier temps, la première décharge doit être assainie. Ensuite, on ne peut pas aménager une décharge à proximité de lotissements qui aujourd'hui déjà rencontrent des problèmes de poussière et de bruit.*
*Pour terminer, Guy Tempels constate qu'aujourd'hui déjà il pleut nettement plus à Differdange qu'à Mondercange par exemple, à cause de Lëtschet et du Zolwerknapp. Une nouvelle colline empirera la situation.*
*Guy Tempels répète que le CSV ne veut pas d'une nouvelle décharge.*

**ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)** *souligne une différence avec le Ronnebierg il y a plusieurs décennies. À l'époque, l'initiative citoyenne avait précédé l'action politique. Aujourd'hui, c'est la politique qui réagit en toute transparence. Le collège échevinal a voulu se montrer rapide pour ne pas commettre les mêmes erreurs qu'à l'époque.*
*En tout cas, Roberto Traversini ne signera pas de permis de construire. Il faudra veiller à ce que le dossier soit géré de manière compétente.*

dustriemüll grundlegend saniert wird, sodass keine weiteren Gefahren für die Umwelt und die Gesundheit der Bevölkerung davon ausgehen können."

Ech soen iech Merci.

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Merci och Här Ruckert.

Den Här Muller huet nach d'Wuert gefrot.

**SCHÄFFEN ERNY MULLER (LSAP):**

Ech wollt kuerz Stellung huelen zu deem, wat hei gesot ginn ass, betreffend der Sanéierung vum Terrain vun ArcelorMittal, dem Hadir-Tower a vum neie Lycée.

A menger fréierer Missioun als Schäffen, war ech fir déi Aarbechten zoustänneg. Ech muss soen, déi Verflichtung war vun ArcelorMittal als Pollueur, fir deen Terrain ze entsuergen. Duerfir war dat kloer, dass dat am Konzept vun deem Verkaf vun deem Terrain mat dra war. Dat muss een awer och emol eng Kéier soen. Et ass net, dass mir dat als Gemeng an Optrag ginn hunn, mä et war ArcelorMittal, déi op hir eegen Décharge historique dat esou entsuergt huet. Dat ass ee Fait.

Wat mer awer och musse soen, ass, dass mer eis herno an der Drénglechkeet, fir de Recyclingspark ze sanéieren, wou de Lycée provisoire ass, do drun ugeschloss hunn. Dat muss ee fairnesshalber soen.

Mä u sech war et esou, dass d'ArcelorMittal verflicht war, deen Terrain propper ze maachen. Dat wollt ech nach just soen.

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Muller.

Den Här Tempels nach.

**GUY TEMPELS (CSV):**

Dir Dammen an Dir Häre vum Schäffen- a Gemengerot. Fir d'Éischt wëll ech dem Här Mersch emol Merci soe fir deen Dossier, deen hien eis virgestallt huet. Deen immens komplizéiert ass. D'CSV wäert sech konsequent dergéint asetzen, dass hei eng nei Deponie wäert kommen. Et kann net sinn, dass eng nei Deponie op eng al Deponie kënnt, wou elo scho Problemer bestinn.

Éischtens misst emol gekuckt ginn, dass déi al Deponie sanéiert gëtt oder an d'Rei bruecht gëtt. Et kann och net sinn, dass eng Deponie esou no bei d'Wunngebidder kënnt, wou d'Leit haut scho Problemer hu mat Stëbs a Kaméidi.

Ech hunn nach eppes Klenges ze soen zu deem Bierg, deen esou héich soll opgetippt ginn. Zu Déifferdeng reent et haut ewell scho vill méi duerch Lëtschet an Zolwerknapp. Et reent bis zu 200 Liter méi wéi, loosse mer soen, zu Monnerech. Wann dann elo nach e weidere Bierg kënnt, ännert dat terribel vill. Et wäert da wahrscheinlech weider 40 Joer méi op déi Deponie reenen, wou herno iergendwann eng Kéier dee ganze Misär wäert erausgeholl ginn.

Mir als CSV wäerten eis géint déi Deponie do striewen.

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Exzellent.

Ier mer zum Vott kommen, wollt ech nach soen, datt et hei awer een Ënnerscheed gëtt zum Ronnebierg viru Joerzéngten. Deemools hat sech fir d'Éischt eng Biergerinitiativ zesummegesat an duerno hat d'Politik reagéiert. Hei reagéiert fir d'Éischt d'Politik, wou mer kucken, wierklech Transparenz spillen ze loossen.

Mir wëssen dat hei nach net laang. Dofir hu mer dat schnell gemaach, well mer net deeselwechte Feeler wollte maache wéi deen, dee viru Joerzéngte gemaach ginn ass.

Dir kënnt iech sécher sinn: Si wäerten ni vun deem hei Buergermeeschter, deen hei sëtzt, eng Baugeneemegung kréien. Mir mussen alles maachen a

vill méi drop oppassen, datt dat och anstänneg geréiert gëtt an datt een och gewuer gëtt, wéini et eng Kéier domadder fäerdeg ass. Mä dat ass elo un eis ze maachen.

Selbstverständlech – mir hunn den Här Dokter Mersch erugezunn – wäerte mer och eis Juristen erunzéien, fir ze kucken, wéi mer dat kënne maachen. Mä si brauchen eng Baugeneemegung. An deen hei Buergermeeschter ënnerschreift déi op alle Fall net.

Mir géifen zum Vott kommen.

**GEMENGESEKRETÄR HENRI KRECKÉ:**

Mir stëmmen da mat Jo fir d'Opposition formelle.

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Jo. Ech hätt eng Fro un den Här Ruckert: Géift Dir Är Motioun zréckzéien oder haalt Der se oprecht, Här Ruckert?

**ALI RUCKERT (KPL):**

Ech géif se net zréckzéien, well déi Opposition formelle sech jo un den Ëmweltministerium riicht.

**GEMENGESEKRETÄR HENRI KRECKÉ:**

An un d'Regierung.

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Och un d'Regierung.

**ALI RUCKERT (KPL):**

An un d'Regierung.

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Ech mengen, et wier méi e staarkt Zeechen.

**GEMENGESEKRETÄR HENRI KRECKÉ:**

Et geet an d'Regierung.

**SCHÄFFE GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG):**

Äre Punkt ass jo Partie intégrante vun eiser Opposition formelle.

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Déi ass mat dran.

**SCHÄFFE GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG):**

Den éischte Punkt ass jo genau dat. Deen éischte Punkt vun der Opposition formelle ass genau, dass mer soen, ier eppes Neies kéim, misst eng Sanéierung gemaach ginn.

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Ech hunn awer kee Problem, datt déi Motioun och an den Analytesche stoe kënnt, gell. Absolutt kee Problem.

**ALI RUCKERT (KPL):**

Ech hu se jo virgelies.

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Jo, ech hätt se och dragesat, wann Der se net virgelies hätt. Ech kéint déi hei jo och virliesen, gell. Mä dat maachen ech net. Mir hätten Är Motioun souwisou publizéiert.

**ALI RUCKERT (KPL):**

Ech hunn déi Motioun gemaach, well ech der Meenung war, wéi ugekënnegt war, hei géif eng Motioun kommen. Mä eng Opposition formelle ass e bësse méi staark nach wéi eng Motioun. Dofir géif ech se dann och zréckzéien.

*Le collège échevinal a contacté le docteur Mersch. Il s'adressera aussi à des juristes. Mais ce qui est d'ores et déjà sûr, c'est que lui ne signera pas de permis de construire.*

**HENRI KRECKÉ (SECRÉTAIRE COMMUNAL)** *explique que le vote porte sur l'approbation de l'opposition formelle.*

**ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)** *demande à M. Ruckert s'il est disposé à retirer sa motion.*

**ALI RUCKERT (KPL)** *souhaite la maintenir, car l'opposition formelle s'adresse au ministère de l'Environnement.*

**HENRI KRECKÉ (SECRÉTAIRE COMMUNAL)** *précise qu'elle s'adresse aussi au gouvernement.*

**ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)** *pense que le signal serait plus fort sans la motion de M. Ruckert.*

**GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG)** *ajoute que la requête de M. Ruckert figure de toute façon dans l'opposition formelle.*

**ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)** *est du même avis.*

**GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG)** *explique que le premier point de l'opposition formelle correspond exactement à ce que demande M. Ruckert.*

**ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)** *propose à M. Ruckert d'imprimer sa motion dans le rapport analytique.*

**ALI RUCKERT (KPL)** *répond qu'il l'a lue de toute façon.*

**ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)** *réplique qu'elle aurait été publiée même si M. Ruckert ne l'avait pas lue.*

**ALI RUCKERT (KPL)** *explique qu'il avait rédigé sa motion parce qu'il s'attendait à une motion de la part du collège échevinal. Mais une opposition formelle est plus forte. C'est pourquoi il accepte de retirer sa motion.*
*(Vote)*

**ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)** *estime que ce vote constitue un signal fort.*
*Il passe à une modification du PAG permettant d'attirer sept ou huit petites entreprises à Differdange.*
*(M. Mersch quitte la salle)*

**GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG)** *précise qu'il s'agit d'un petit triangle à Niederkorn derrière le restaurant Dimmi Si. Ce terrain se trouve dans une zone industrielle. Le collège échevinal souhaite le reclasser pour plusieurs raisons.*
*Tout d'abord, de nombreuses petites entreprises de Differdange voudraient s'agrandir et recruter davantage de personnel, mais ne peuvent pas le faire parce que leurs locaux actuels sont trop petits. Le site dont il est question aujourd'hui pourrait résoudre ce problème.*
*À proximité du terrain se trouve une zone verte. Le collège échevinal veut profiter de la modification du PAG pour la classer correctement afin qu'elle reste protégée.*
*La modification du PAG permet donc de faire d'une pierre deux coups.*
*Le collège échevinal a développé un plan. Tel que la situation se présente aujourd'hui, sept entreprises pourraient emménager sur ce terrain. Mais des discussions sont en cours avec davantage d'entreprises. Georges Liesch se réjouit du fait qu'elles veuillent toutes rester à Differdange et s'agrandir.*
*Le ministère de l'Environnement n'exige pas d'étude environnementale supplémentaire, car l'écran vert sera protégé de toute façon.*
*Le PAG actuel permet d'accueillir des bâtiments industriels, commerciaux et de petites tailles ainsi que des ateliers. La modification ajoute la possibilité d'y implanter des immeubles administratifs. Un hôtel-restaurant pourrait aussi y ouvrir ses portes. Toutefois, pour le moment, rien de concret n'est prévu. Mais pour les personnes qui travaillent dans une zone industrielle, il serait intéressant d'avoir un restaurant où aller manger à midi.*
*Dans son avis, la Cellule souligne deux points, mais l'architecte communal, M. Lopes a fourni les réponses nécessaires.*

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Merci.

Da géife mer zum Vott kommen.

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver l'opposition formelle contre le projet «décharges Aleweier-Cloos/ArcelorMittal» situé sur le territoire des communes de Differdange et Sanem.*

Villmools Merci. Dat ass e staarkt Zeechen. Mir wäerten iech um Courant halen, wéi et virugeet.

De véierte Punkt ass eng Ëmännerung. Gott sei Dank ass déi elo haut hei. Mir hu vill dru geschafft. Et ass eng kleng PAG-Ännerung, déi et awer fäerdeg bréngt, siwen oder aacht nei kleng Betriber op Déifferdeng ze kréien. Ech géif dem Här Georges Liesch d'Wuert ginn, fir eis dat ze erklären.

(Den Här Mersch verléisst de Sall)

Merci, Här Mersch.

**SCHÄFFE GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG):**

Am Dokument gesitt der, et handelt sech hei ëm e relativ klengen Dräieck zu Nidderkuer hannert dem Restaurant Dimmi Si an hannert der Soclair. En Dräieck, deen iech bekannt ass. Wéi den Här Buergermeeschter gesot huet, hu mer schonns méi laang un deem Projet geschafft. E war bal prett fir de leschte Gemengerot, mä et hat nach eppes gefeelt. Dat hu mer da fir dëse Gemengerot erakritt.

Ëm wat geet et hei? Dësen Terrain ass am Moment Gewerbegebitt. Mir géifen dee gär ëmklasséieren, fir et e puer Objektiver zouzeféieren. Dat éischt Objektiv ass, fir op deem Site nach weider kleng Betriber unzesidelen. Mir hunn eng ganz grouss Demande vu Betriber aus der Gemeng, déi soen, et ass ze kleng. Mir wëllen eis e bësse vergréisseren an nach vläicht zousätzlecht Personal astellen. Mä do, wou mer haut sinn, hu mer déi Méiglechkeeten net. Dofir hu mer gesicht gehat, wou mer hei an der Gemeng nach kleng Betriber wéi déi heite kéinten usidelen. Dat wär an dësem Beräich méiglech.

Dir gesitt awer och op der Loftopnam, wann der déi kuckt, dass do och nach eng Gréngzon ass. Mir géifen da profitéiere vun der Modifikatioun vun dësem PAG, fir déi Gréngzon richteg ze klasséieren, dass déi och geschützt bleift. Mir probéieren also hei wierklech e puer Saache beieneen ze bréngen, wat beienee passt. Nämlech Schutz vu Gréngzonen, Ekonomie a Betriber, déi mer dann dohinner wëlle setzen.

Mir hu schonn e klenge Plang ausgeschafft, wéi dat kéint ausgesinn. Souwéi et elo ausgesäit, géife mer effektiv siwe Betriber op dësen Terrain drop kréien. Ech kann iech awer soen, dass mer an de Gespréicher scho méi wéi siwe Betriber haten, déi interesséiert wären. Et ass wierklech flott ze gesinn, dass mer zu Déifferdeng Betriber hunn, déi sech wëllen expandéieren, déi also hir Zukunft zu Déifferdeng weider gesinn.

Am Dokument gesitt der och, dass den Ëmweltministère eis geschriwwen huet, dass mer weider keng SUP musse maachen, also keng déifgräifend Etüde, wat d'Biotopbilanzéierung ugeet, well mer dee ganzen Ecran vert, deen hei ass, jo och weider wäerte schützen.

Den aktuelle PAG gesäit vir, dass Bâtiments industriels, commerciaux, de petite taille an Ateliers kënnen drop gesat ginn. Am Modifié gesitt der, dass mer Immeubles administratifs – dat si Büroen – bäigesat hunn, well déi Leit, déi dohinner kommen, net nëmmen hire Betrib dohinner setzen, mä hir Administratioun och mat wëllen dohinner setzen.

E Restaurant/Hotel soll och méiglech sinn. Och wann am Moment esou eppes nach net dobäi ass, sollt et awer emol zumindest net onméiglech sinn. Och an enger Industriezon ass et heiansdo interessant, wann d'Leit déi do schaffen – an där ginn et der ëmmer méi zu Nidderkuer –, kënnen zu Mëtteg iessen an der Mëttesstonn. Eppes, wat mer hei nach wéilte mat erabréngen.

Dir gesitt um Schluss nach den Avis vun der Cellule souwéi d'Äntwert vun

eisem Gemengenarchitekt op déi zwee Punkten, wou d'Cellule eis aviséiert a wou de Manuel Lopes awer, mengen ech, gutt argumentéiert, firwat dass mer dat aneschters gesinn.

Ganz zum Schluss eng Reklamatioun vun engem Bierger, dee gehéiert gouf an dee seng Reklamatioun no den Erklärungen, déi e kritt huet, erëm zréckgezunn huet. Soudass dat eigentlech dann och okay wär.

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Liesch.

Här Muller.

**SCHÄFFEN ERNY MULLER (LSAP):**

Här Buergermeeschter, léif Kolleeginnen a Kolleegen aus dem Schäffen- a Gemengerot, d'LSAP begréisst natierlech dës Modifikatioun vum PAG, wou mer och selwer scho mat dru geschafft hunn.

Wa mer jo wëssen, dass mer den Haneboesch a sech als eng Zone économique ugesi fir gréisser Betriber, wou méi grouss Arealer zur Verfügung gestallt gi sinn a wou meeschtens eng Entreprise drop komm ass – heiansdo sinn der zwar e puer kombinéiert ginn –, ass dat hei eng Méiglechkeet fir déi méi Klenga Mëttelbetriber. Dat ass absolutt ze begréissen.

Dofir stëmme mer selbstverständlech deen dote Projet mat. En ass elo am zweete Vott. Mä mir si frou, wann en awer elo endlech kann ugoen.

Merci.

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Merci. De Contraire hätt mech ferm erstaunt, Här Muller.

Här Schwachtgen, w.e.gl.

**FRÄNZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG):**

Ech wollt och den Accord gi vun deene Gréngen an där Saach. Ëmsou méi, well mer deen Dossier een- oder zweemol an der Ëmweltkommissioun haten, wou notamment derfir gekämpft ginn ass a sech agesat ginn ass, fir dee klenge Bësch ze halen, ze restauréieren – well et waren och futtis Dännen dran – an och fir d'Zukunft ze erhalen als Ecran vert zum Trägerlager, dat jo direkt hannendrun ass, wat dee Moment och e Schallschutz gëtt fir déi Bierger, déi déisäit am Mahtendahl wunnen. Dat ass also duerchaus positiv.

En zweeten Asazpunkt war, dass mer onbedéngt wollten d'Méiglechkeet vum Vëloswee ophalen, dee laanscht den Talus vun der Bunn geet. Dee soll am PAP berécksiichtegt ginn, souwäit ech dat matkritt hunn. Dat verhënnert jo awer net, dass de PAG an deem Sënn geännert gëtt.

Zur Hotellerie oder Restauratioun kann ee soen, datt mer jo schonn den Dimmi Si op deem Terrain hunn. Dat ass da réckwierkend ëmklasséiert ginn, denken ech. Dat heescht, mir hu jo scho Restauratioun do. Et misst een – dat ass och eng Bemierkung, déi komm ass – an Zukunft kucken, dass déi existent Saachen, déi op engem Extrait vum PAG sinn, och agezeechent sinn oder wéinstens ugedeit sinn. Déi Pläng am Dossier schéngen net esou aktuell ze sinn.

An deem Sënn gëtt et awer e positiven Effet, well mer e grousse Bedarf hunn u Zone-artisanallen. Déi ka sech do anstänneg abetten an d'Naturprojeten. Also a Bauprojeten, déi mat der Natur eens ginn. Dat ass jo d'Zil vun allen Urbanisatiounsmoossnamen.

Ech soen Iech Merci.

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Merci och, Här Schwachtgen.

D'Madamm Saeul.

**CHRISTIANE SAEUL (DP):**

Merci, Här Buergermeeschter. Madamm, Dir Häre Schäffen, Dir Dam-

*Un citoyen a déposé une réclamation, mais l'a retirée lorsqu'il a entendu les explications du collège échevinal.*

**ERNY MULLER (LSAP)** *salue cette modification du PAG sur laquelle il a lui-même travaillé.*
*Il rappelle que le Haneboesch est une zone économique destinée avant tout à de grandes entreprises. Ce projet-ci permet en revanche d'attirer de petites et moyennes entreprises. C'est une bonne chose.*
*Les socialistes approuveront ce projet et sont impatients qu'il ne soit réalisé.*

**ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)** *répond que le contraire l'aurait surpris.*

**FRÄNZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG)** *annonce que les écologistes approuveront la modification. Le dossier est passé deux fois par la commission de l'environnement, qui a lutté pour que la petite forêt soit sauvée et restaurée. Elle sert d'écran vert face au hangar à poutrelles juste derrière et protège les habitants du Mathendahl.*
*Un autre point positif est que l'aménagement d'une piste cyclable le long du talus de la voie ferrée reste possible.*
*Pour ce qui est de la restauration, il y a déjà le Dimmi Si, dont le terrain a été reclassé rétroactivement. Dans ce contexte, il faut veiller à ce que la situation sur le terrain soit reflétée dans le PAG. Le dossier ne semble pas actuel.*
*Fränz Schwachtgen constate que Differdange a besoin de zones artisanales. Celle-ci s'intègrera comme il faut dans la nature autour. C'est le but des mesures d'urbanisation.*

**CHRISTIANE SAEUL (DP)** *rappelle que le site en question jouxte le rondpoint le long de la route de Käerjeng et la rue des Ligures. Aujourd'hui, il s'agit de le reclasser en une zone artisanale et industrielle et en partie en zone biotope.*

*Les anciens arbres le long de la rue des Ligures seront préservés.*
*La zone industrielle accueillera sept ou huit entreprises artisanales, qui viendront compléter l'offre déjà existante en grandes entreprises.*
*La zone sera reliée au Haneboesch et disposera d'une ouverture vers le centre de Niederkorn grâce à la route de Käerjeng. Christiane Saeul trouve cependant que le commerce de détail est plus adapté aux centres de localités.*
*M. Liesch a expliqué que la demande des entreprises est forte. Leur implantation permet de créer des emplois, de réduire le chômage et d'augmenter les recettes à travers l'impôt commercial. La nouvelle zone offre aussi une possibilité aux entreprises differdangeoises de s'agrandir dans leur ville.*
*Le DP approuvera la modification du PAG.*

**GUY TEMPELS (CSV)** *trouve que ce projet est intéressant pour les petites entreprises.*
*La commission de l'environnement a insisté pour que la petite forêt soit préservée.*
*Guy Tempels signale que le site du hangar à poutrelles est extrêmement sale.*

**ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)** *précise que c'est là où se trouvent les camions.*

**GUY TEMPELS (CSV)** *espère que l'on trouvera une solution.*

**ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)** *précise que le secrétaire communal est intervenu immédiatement pour que la forêt soit protégée. La commune n'a donc pas attendu la commission de l'environnement.*

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *trouve le projet intéressant. Mais il signale que la route en direction de Sanem n'est ni nationale ni communale. Six à huit camions s'y trouvent en permanence et les camionneurs en ont pratiquement fait une décharge. Ils vivent dans leurs camions; ils y préparent à manger; ils s'y lavent… La commune doit trouver une solution, par exemple en en faisant une route communale.*

men an Dir Hären, zur Modifikatioun vum PAG „vor kurzen Hecken" zu Nidderkuer.

Dëse Site grenzt mat enger Spëtzt un de Rondpoint laanscht de Käerjenger Wee an un d'Rue des Ligures. E steet haut zum Vott, fir ëmklasséiert ze ginn an e Gewerbe- an Industriegebitt. En Deel gëtt Zone biotope.

Bestoe bleiwen awer déi al Beem laanscht d'rue des Ligures. An dëser Industriezon sinn eng siwe bis aacht Betriber virgesinn, wéi den Här Buergermeeschter scho gesot huet, haaptsächlech méi kleng Betriber. Also Industrie- an artisanal Betriber a Commerce, fir domadder d'Demande ze ergänzen zu där schonn existenter méi grousser Industrie.

Eng Zon, déi aluet, entwéckelt ze ginn, sech un den Haneboesch ugliddert an duerch de Käerjenger Wee eng Ouverture zum Zentrum vun Nidderkuer an dem Zentrum Déifferdeng mécht. Woubäi de Commerce de détail, well et jo net en rapport ass mat der Industrie an den artisanale Betriber besser an en Zentrum implantéiert wär zur Beliwwerung an Opwäertung vun dësen.

Mir schafen hei nei Betriber. Et läit eng grouss Demande vir, wéi den Här Liesch gesot huet. Dëst bréngt Aarbechtsplazen, reduzéiert de Chômage, bréngt Gewerbesteier a gëtt zum Beispill de Betriber aus de Wunngebidder – soit de länger besteeënde Betriber oder Betriber, déi net d'Méiglechkeet hunn, sech ze vergréisseren – eng Chance op eng nei Situatioun.

D'DP stëmmt dës Modifikatioun an ech soe Merci.

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Merci och.

Här Tempels.

**GUY TEMPELS (CSV):**

Ech wëll soen, dass dat hei e flotte Projet ass fir déi méi kleng Betriber. An dass mer eis an der Ëmweltkommissioun dofir agesat haten, dass hannen dee Bëschelche sollt bestoe bleiwen oder an d'Rei gesat ginn.

Da wollt ech op e Problem opmierksam maachen. Bei dem Trägerlager ass e risegen Dreckseck. Et ass immens knaschteg do.

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Do wou d'Camione stinn.

**GUY TEMPELS (CSV):**

Dass dat an Zukunft iergendwéi mol besser gëtt.

Mir stëmmen derfir. Merci.

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Merci och.

Zum Bësch, wëll ech soen, datt eise Gemengesekretär direkt den Telefon an de Grapp geholl hat a gesot huet, dee Bësch bleift bestoen. Dat war ier et an d'Ëmweltkommissioun gaangen ass. Ech wollt dat just soen.

Den Här Altmeisch.

**GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Här Buergermeeschter.

En interessante Projet fir Déifferdeng. Dat Eenzegt, wat mech e bëssen dru stéiert, ass, wann ech déi Grenz kucke vum Projet zu Suessem hin. Do komme mer an eng Strooss, déi am Fong geholl keng Gemengestrooss ass. Et ass och keng Staatsstrooss. Et ass eng Strooss, wou an der Moyenne sechs bis aacht Camione stinn, déi Dreck maachen. Déi maachen eng Deponie do.

Et ass net flott, wann een en neien Zoning schaaft an als Ofgrenzung huet een 20 Camionen do stoen, mat Dreck do leien. Déi Leit wunnen deelweis an hire Camionen. Déi kachen do. Déi wäsche sech do. Dat ass net flott.

Et wier interessant, datt mer emol als Gemeng géife kucken, fir eng aner Léi-

sung ze fanne mat där Strooss. Wat soe wëll: entweder kucke mer, dass et eng Gemengestrooss gëtt. Well et ass elo weder Gemengestrooss nach Staatsstrooss. Mir hu keng Méiglechkeeten do ze intervenéieren. An et wier gutt, wa géif duerno gekuckt ginn. Well dat ass kee schéinen Ofschloss vun engem Zoning, dee mer nei amenagéieren.

Ech soen Iech Merci.

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Do hutt Der net onrecht, mä et ass ArcelorMittal. Ech kennen e ganz aktive Schäffen, dee ganz vill do probéiert huet. Mä mir probéieren awer weider.

Här Ruckert.

**ALI RUCKERT (KPL):**

Här Buergermeeschter, Dir Dammen an Dir Hären, als Vertrieder vun der KPL wäert ech fir déi punktuell Verännerung vum PAG stëmmen.

Ech wëll just eppes ervirhiewen, wat déi Stellungnam vun der Commission d'aménagement vum Stat ugeet. Do gëtt drop higewisen, dass dat deelweis eng Regulariséierung vun der besteeënder Situatioun ass an dass do e Restauratiounsbetrib an enger Bauverbotszon ass. Do huet jo awer ee missten eng Baugeneemegung ginn an där Bauverbotszon. Kënnt Der eis eng Erklärung derzou ginn?

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Wou den Dimmi Si ass, war keng Bauverbuetszon.

**SCHÄFFE GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG):**

Do war dat scho gebaut.

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

D'Gebai stoung schonn do. Si hunn de Réibau kaaft gehat an e Restaurant draus gemaach.

(Ënnerbriechung duerch den Här Ruckert)

Dat ass richteg. Mä de Réibau stoung do. Et sollt jo am Ufank e ganz anere Betrib ginn. Dat stoung scho bal Joerzéngten do. Si hu geneemegt kritt, e Restaurant dran ze maachen. An elo, am Nachhinein, gëtt esou gemaach, datt se dat däerfe maachen, wat se bis elo gemaach hunn.

(Diskussiounen)

Dir hutt Recht. Mir sinn awer frou, datt dat elo esou ass.

Da géife mer zum Vott kommen.

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver la modification ponctuelle du PAG au lieudit «vor kurzen Hecken» à Niederkorn.*

Merci.

Den nächste Punkt ass en Terrain, dee mer kafen. Dir hutt gemierkt déi lescht véier Joer, datt d'Gemeng versicht, vill ze kafen. Deen Terrain kënne mer soen, dass mer deen awer zu engem akzeptabele Präis kritt hunn, well een net weess, wéi sech dat an Zukunft entwéckelt.

Dir gesitt, mir kafen zwou Parzellen, déi dem Stat gehéiert hunn. Eng dertëschent an eng virun eis. An Zukunft si mir dann um Ball, fir ze decidéieren, wat domat geschitt.

Ech wëll dem Här Muller Merci soen, deen déi sämtlech Verhandlunge mat de Leit gefouert huet. Si hate ganz aner Präisser am Kapp wéi déi ronn 3.000 Euro den Ar, déi et elo sinn. Dofir si mer frou, datt mer den Terrain hunn. An ech si frou, datt den Här Muller dat esou gemaach huet.

Wa keng Froen dozou sinn, géife mer zum Vott kommen.

**ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)** *répond que cela concerne ArcelorMittal.*
*Un ancien échevin très actif a déjà tenté beaucoup de choses.*

**ALI RUCKERT (KPL)** *annonce qu'il approuvera ce point.*
*Il revient cependant sur l'avis de la Commission d'aménagement de l'État. Celle-ci signale que la modification permet de régulariser une situation existante puisqu'un restaurant se trouve dans une zone non constructible. Or quelqu'un a bien signé une autorisation. M. Traversini a-t-il une explication?*

**ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)** *répond que le site où se trouve le Dimmi Si n'était pas un terrain non constructible.*

**GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG)** *ajoute que le bâtiment existait déjà.*

**ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)** *précise que le restaurateur a acheté le bâtiment et l'a transformé en restaurant.*
*(Interruption de M. Ruckert)*
*Roberto Traversini répond que le bâtiment existait depuis des décennies. Dimmi Si a obtenu l'autorisation d'en faire un restaurant. Aujourd'hui, leur situation est régularisée.*
*(Discussions)*
*(Vote)*
*Roberto Traversini passe à l'acquisition d'un terrain. Au cours des dernières années, la Ville de Differdange en a acheté beaucoup. Le prix du terrain dont il est question aujourd'hui est acceptable. Actuellement, les deux parcelles appartiennent à l'État.*
*Roberto Traversini remercie M. Muller, qui a mené les négociations. Au départ, les propriétaires demandaient plus que les 3000 € par are payés.*
*(Vote)*

*Roberto Traversini passe à la cession gratuite de 12 ca.*
*(Vote)*
*Roberto Traversini passe à un contrat dans le 1535°.*
*Au cours des prochaines semaines, le collège échevinal fournira le détail de tous les locataires aux conseillers communaux.*
*Le collège échevinal devra aussi discuter avec l'État concernant la création du comité.*

**ERNY MULLER (LSAP)** *rappelle que le 24 septembre, la convention avec le ministère de l'Économie pour un cofinancement à hauteur de neuf-millions d'euros a été signée. En contrepartie, la Ville de Differdange doit nommer un comité de sélection. Comme ce comité n'existe pas encore, les socialistes s'abstiendront lors du vote. À l'avenir, ils exigent l'avis du comité de sélection pour chaque nouveau locataire.*

**ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)** *réplique que le comité ne peut pas être créé tant que le ministère de l'Intérieur n'a pas approuvé les délibérations. Mais même si les délibérations avaient été approuvées, le comité n'aurait pas pu être mis en place aussi rapidement puisque des négociations seront nécessaires avec le ministère.*
*Cependant, M. Muller est en droit de s'abstenir.*

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK)** *ne trouve pas l'activité du nouveau locataire dans le contrat.*
*(Interruption)*
*Gary Diderich constate que la mise en page a changé.*
*Il demande si le collège échevinal prévoit de modifier les loyers.*

**ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)** *préfère attendre l'avis du ministère. Actuellement, l'idée consiste à adapter le loyer en fonction de la taille de l'entreprise. À priori, les entreprises semblent d'accord. Mais il faudra en discuter avec le nouveau partenaire.*
*(Vote)*

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver l'acte de vente de deux terrains d'une superficie totale de 36,92 a au lieudit «Auf dem breiten Wois» à Niederkorn.*

Merci. Dat nächst ass eng Cession gratuite vun 12 Zentiar. Kéinte mer do direkt zum Vott kommen?

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver la cession gratuite de 12 ca au lieudit «Rue Xavier Brasseur».*

Merci.

Dat nächst ass e Kontrakt am 1535°, wéi mer der scho ganz vill haten.

An deenen nächste Woche wäert Der en Detail kréien, ween alles dran ass. Well et sinn der ganz vill. Ech weess net, ob der d'Contrat-de-baillen ëmmer gesammelt hutt doheem. Mä datt der mol gesitt, wivill Betriber do sinn a wivill Leit do schaffen. Dat wäert der an Zukunft kréien. Quitte datt dat reegelméisseg ännert. Mä mir wäerten en Detail opstellen.

Mir sinn och amgaangen, ze kucke mam Stat, soubal mer d'Deliberatioun zréckkritt hunn, wéi mer eis zesummesetzen, fir de Comité ze bilden.

Här Muller.

**ERNY MULLER (LSAP):**

Dir hutt de Comité grad ugeschnidden. Et ass dat, wat mer beanstanden. Well de 24. September ass d'Konventioun ënnerschriwwe ginn, wat de Kofinanzement vun ëmmerhin 9 Milliounen Euro Engagement vum Stat ubelaangt. Also vum Ministère de l'Économie. Als Géigeleeschtung ass d'Stad Déifferdeng verflicht, dee Comité de sélection indépendant ze nennen.

Vu dass dat awer elo beim Engagement vun där Entreprise, dat mer natierlech begréissen, nach net geschitt ass, wollte mir eis beim Vott enthalen, well mir an Zukunft deen Avis wëlle virleien hu vum Comité de sélection. An dat all Kéiers, wa mer nei kreativ Entreprisen astellen oder eenzel Leit astellen als Entreprise créative.

Merci.

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Merci och.

Éischtens emol kënne mer dat nach net esou maachen, well mer d'Deliberatioun nach net erëmkritt hu vum Inneministère. An och wa mer se erëmkritt hätten, wär de Comité de sélection nach net zesummegestallt ginn. Do musse mer jo och mam Ministère zesumme kucken, wéi mer deen zesummesetzen. Dir kënnt Iech awer ganz gär enthalen.

Här Diderich, w.e.gl.

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):**

Normalerweis steet bei deene Kontrakter d'Aktivitéit dobäi vun der Persoun. Hunn ech dat hei iwwersinn?

(Ënnerbriechung)

Et war en anere Layout. Ech hunn ënner Artikele gesicht amplaz bei der Beschreiwung vun de Leit.

Da wollt ech froen: Gëtt et Iwwerleeungen oder ass dat Objet vun deem Comité, fir eng Kéier de Loyer ze änneren? Do hate mer jo schonn zum Deel Diskussiounen. Wat ass den aktuelle Stand?

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Mir sinn an Diskussiounen. Mir wëllen awer ofwaarden, wat de Ministère dovunner hält. D'Iddi leeft drop eraus, wivill Leit am Betrib schaffen, datt d'Loyeren op d'Persounen, déi do schaffen, soll gestaffelt ginn. Mä vu datt mer elo en neie Partner hunn, musse mer dat natierlech mat hinne beschwätzen. Op alle Fall fannen déi Betriber, mat deene mer driwwer geschwat hunn, déi Iddi net schlecht.

Da géife mer zum Vott kommen.

*Le conseil communal décide avec 14 voix oui et 4 abstentions d'approuver le contrat de bail au 1535° creative hub.*

Villmools Merci.

Dat anert ass e Contrat de bail an der Avenue du Parc des Sports. Do sinn zwee Proprietären, déi gefrot hunn, e Stéck hannert hirem Gaart ze lounen. Si wollten am Fong geholl kafen. Domat ware mer awer net averstane gewiescht. Mir hu gesot, mir géifen hinnen et verlounen.

Mir sinn och amgaangen ze kucken, wéi mer an e puer Joer net vergiessen, datt déi Terrainen all der Gemeng gehéieren.

Kéinte mer doriwwer ofstëmmen, w.e.gl.

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):**

Däerf ech eng Fro stellen?

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Jo.

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):**

Wéi ass et dann do mat Noperen? Si just eenzel Leit, déi dat froen oder wéi leeft dat of? Hunn déi aner schonn e Kontrakt?

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Nee. Dat weess ech net.

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):**

Oder wäerten d'Leit informéiert ginn, dass se déi Méiglechkeet hunn. Wéi ass dat?

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Déi hunn dat gefrot. Eise Service war der Meenung, datt een hinnen et sollt ginn. Et war keen Opruff gemaach ginn un d'Bierger an där Strooss.

Et kann een ëmmer froen, ob et méiglech ass oder net. Et hänkt natierlech dann dovun of, ob mir se net selwer brauchen.

Da géife mer zum Vott kommen.

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver les contrats de bail aux lieudits «Avenue du Parc des Sports» et «Um Biergwee».*

Merci. Deen nächste Punkt sinn d'Créations de postes. Mir haten iech jo gesot, datt mer wéilte vill an de Mënsch stiechen. Dat hei ass den Ufank.

Mir proposéieren zwee Agent-municipauxen ze kréien, een Employé communal, en Agent technique sous le statut salarié, e Bam-Expert fir eise Service Écologique an en Artisan fir an de 1535°. Do géife mer och eng Création de poste maachen.

Här Muller.

**ERNY MULLER (LSAP):**

Ech hunn e puer Froen: Kéinte mer eng Erklärung kréien zum Employé communal, wat de Service Informatique ubelaangt?

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Jo.

**ERNY MULLER (LSAP):**

Mir si selbstverständlech fir deen Insourcing vum Personal. Dat ënnerstëtze mer voll.

Allerdéngs wollte mer wëssen – dat kënne mer och vläicht am Kader vun

*Roberto Traversini passe à un contrat de bail dans l'avenue du Parc des Sports. Deux propriétaires souhaitent louer un terrain derrière leurs jardins. Ils auraient préféré acheter, mais la commune n'était pas d'accord.*
*La commune doit aussi faire attention à ne pas oublier quels terrains lui appartiennent.*

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK)** *demande ce qu'il en est des voisins. Un contrat a-t-il déjà été signé avec eux.*

**ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)** *répond qu'il ne sait pas.*

**GARY DIDERICH (DÉI GRÉNG)** *veut savoir si les voisins ont été informés du fait qu'ils peuvent louer un terrain.*

**ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)** *réplique qu'aucun appel n'a été lancé. On peut leur poser la question, mais encore faut-il voir si la commune n'a pas besoin des terrains.*
*(Vote)*
*Roberto Traversini passe à la création de postes — et notamment deux agents municipaux, un employé communal, un agent technique sous le statut du salarié, un expert en arbres et un artisan pour le 1535°.*

**ERNY MULLER (LSAP)** *demande des précisions concernant l'employé communal pour le service informatique.*

*Les socialistes soutiennent le «backsourcing», mais voudraient savoir de quel poste il s'agit. Quelles sont les répercussions du backsourcing administratif sur le budget?*

**GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG)** *confirme que la commune a entamé un backsourcing informatique il y a quelques années alors qu'il y a sept ou huit ans, c'était une société externe qui s'en occupait.*
*La Ville de Differdange a commencé à recruter du personnel s'occupant du volet technique, du réseau et des serveurs.*
*Cependant, il restait un volet à couvrir: la programmation. En effet, on propose régulièrement des programmes aux différents services. Mais ces programmes devraient être achetés et ils ne correspondent généralement pas à 100 % aux besoins. En plus, les sociétés qui les vendent sont souvent internationales. Et elles refusent d'adapter leurs programmes vendus à travers l'Europe pour Differdange. Ou alors, l'adaptation couterait bien trop cher. C'est de là que vient l'idée de rechercher un programmeur.*
*Depuis deux ans, une société externe écrit des programmes pour la commune. Et ils fonctionnent parfaitement. Cependant, les besoins des services ne baissent pas. Le service scolaire, par exemple, travaille encore avec un programme très vieux.*
*La conséquence logique de tout cela est donc de recruter un programmeur pouvant adapter ses programmes aux différentes situations.*

**FRED BERTINELLI (LSAP)** *constate que deux agents municipaux vont être recrutés. Or l'étude sur la circulation fixait les besoins de Differdange à 15 agents au moins. En plus, les agents municipaux actuels doivent aussi jouer aux gardes champêtres.*

de Budgetsdebatte maachen –, wat dat genee fir e Posten ass? Wéi ass d'Evolutioun am Service Informatique vun deem ganzen administrativen Insourcing a wéi huet dee sech op de Budget ausgewierkt? Dat wäerte mer jo dann an nächster Zäit gesinn. Wéi ass d'Evolutioun um Plang vum Budget, wat de Service Informatique ubelaangt?

Merci.

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Merci och.

Här Liesch.

**SCHÄFFE GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG):**

D'Erklärung zu deenen zwee Posten.

Am Informatique ass et esou, dass mer jo viru Joren ugefaangen hunn, en Insourcing ze maachen. Dat heescht, eise Service opzestocken, fir déi Aarbechte selwer kënnen ze maachen, wou mer virdrun – ech schwätze viru sechs, siwen oder aacht Joer – eigentlech alles vun enger Firma maache gelooss hunn. Esou wéi vill aner Gemengen hei am Land bei därselwechter Firma hire ganzen Informatique maache loossen.

Mir hunn ugefaangen, Leit anzestellen, déi alles maachen: Technik, Reseau an eis Serveren. Déi si mëttlerweil aus dem Haus eraus geplënnert. Do si mer elo absolutt ofgedeckt.

Ee Beräich, wou mer bis elo awer absolutt guer net ofgedeckt sinn, ass d'Programmatioun. Een ze hunn, dee selwer Programmer ka schreiwen. Mir gesinn ëmmer erëm, dass mer Programmer ugebuede kréien, fir verschidden Aarbechten ze maachen.

Ech denke mol un e Project manager. Ech denken un aner Programmer, déi eis Servicer zum Beispill brauchen. Déi mer da misste kafe goen an déi dann awer net 100%eg géife passen, fir dat wéi mir et brauchen.

Déi Firmae sinn oft international Firmen. Wa mir hinne soen, mir hätten Ännerungsvirschléi, äntwere si: „Dir sicht eigentlech e klengt Zännrad. Fir iech eng Ännerung ze maachen an eisem Programm, dee mer europawäit bedreiwen, mécht kee Sënn." Oder et kascht einfach enorm. Dofir hu mer geduecht, op en anere Wee ze goen. An zwar, dass mer een hätten, deen eis selwer géif d'Programmer schreiwen.

Dat hu mer dunn och gemaach. Säit scho bal zwee Joer loosse mer d'Programmer schreiwen, awer och erëm vun enger externer Firma. Mä mir hunn eng Firma fonnt, déi kleng Programmer, wéi mir se brauchen, fir eis schreift. Déi Programmer lafen zur vollster Zefriddenheet vun eise Leit.

Et sinn ëmmer méi Servicer, déi kommen a soen, si bräichten och nach hei oder do e Programm, dat hinnen d'Liewe géif vereinfachen. D'Gestioun am Service scolaire zum Beispill leeft nach op engem urale System. Eigentlech wär et konsequent, fir ze soen, mir missten eise Service Informatique och opstocke mat engem Programmeur, deen in-house wär an deen, wa muer Ännerunge géife komme vum Gesetz hier, déi a sengem Programm direkt kéint adaptéieren, ouni dass mer erëm misste Recours huelen op eng privat Firma.

Dat ass d'Erklärung fir dee Poste vum Programmeur.

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Merci.

Här Bertinelli.

**FRED BERTINELLI (LSAP):**

Ech hätt och eng Fro un den Här Liesch zu den Agent-municipauxen. Ech gesinn, datt mer der zwee astellen. Bei der Etüd, déi mer gemaach haten iwwer eis Verkéierssituatioun, war jo erauskomm, datt eng Stad wéi Déifferdeng minimum 15 Leit misst hunn. Déi Leit, déi mer elo hunn, mussen och nach Bannhidder spillen dobäi.

D'Fro ass, ob mer op de Wee vu professionelle Bannhidder ginn, déi sech just ëm den Ëmweltberäich bekëmmeren. An ob den Objektiv mat deene 15 Leit, déi d'Etüd erginn huet, nach ëmmer à

jour ass. Ob mer elo lues a lues an déi Richtung wuessen oder ob zousätzlech zu deenen zwee nach Leit derbäi kommen?

Merci.

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Ech kann Iech dat soen. Dat huet ganz genau mat der Verkéiersetüd ze dinn. Mir schafen elo zwee Posten.

Vun deene Leit, déi bei eis schaffen, ass just een e Bannhidder, dee sech ëm den Ëmweltberäich këmmert. Dir wësst och firwat hien dat just däerf maachen.

Mir versichen natierlech polyvalent ze bleiwen. Mä et ass kloer, wa mer dat gär duerchsetzen, wäert et mat zwee net duergoen. Da musse mer nach weider astellen.

Mir sollen awer Schratt fir Schratt virgoen, well Dir wësst jo ganz genau, datt dat sech dann herno och wäert an eisem ordinäre Budget erëmspigelen.

Jo, Här Diderich.

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):**

Ech begréissen, dass en Agent technique agestallt gëtt am Service écologique, fir sech ëm d'Beem ze këmmeren, respektiv fir Expertisen iwwer d'Beem ze maachen. Mir hu vill Beem an der Gemeng, déi leider net ëmmer am beschten Zoustand sinn. Respektiv gëtt dat net ëmmer vun deenen, déi iergendwéi bei de Beem schaffen esou ënnerhalen. Well heiansdo mengt een, et géif just de Wues geméit ginn an da kritt d'Schuel eng of.

Och am Summer ware Saachen installéiert ginn, dass d'Waasser méi laang dra bleift. Dat huet awer leider net bei alle Beem funktionéiert. Esou dass dat ganz wichteg ass.

D'Fro stellt sech, ob eng Persoun genuch ass, fir all déi Beem an der Gemeng ze ënnerhalen. Ech denken, dass déi Persoun sech jo net alleng ëm d'Beem wäert këmmeren. Et ass en Expert, wat d'Beem ugeet. Ech hoffen, dass mer esou dann och den Ënnerhalt vun de Beem nach besser gemaach kréien. Well et ass eis wichteg – et war jo déi Aktioun vun 110 Beem…

**SCHÄFFE GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG):**

D'lescht Joer.

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):**

D'lescht Joer. Genau.

Ech wëll dat ausdrécklech begréissen. Heiansdo gesäit een dat ze vill als Selbstverständlechkeet. Déi stinn do an et mengt een, déi géifen alles aushalen. Mä dat ass net ëmmer de Fall. Virun allem net bei all Alter an net all Zort.

Ech soen Iech Merci.

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Merci.

Den Här Ulveling wëll ganz schnell reagéieren.

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

Ech sinn am Fong net ganz averstane mam Här Diderich, well eise Service Jardinage reegelméisseg mat Bam-Experte Beem kontrolléiere geet. Notamment déi Beem, déi am Zentrum sinn an déi a Parke sinn, wou d'Leit sech ophalen. Well mer eis bewosst sinn, dass, wann eng Kéier eppes geschitt, mir als Schäfferot responsabel sinn.

Ech kann Iech versécheren, dass dat all Joers geschitt. Natierlech, wa mer in-house een hunn, ass dat vill méi einfach. Et ass och kloer, dass mer net all Bam an all Bësch kënne kontrolléiere goen. Mä déi Beem op de Spillplazen, déi am Fräiraum sinn, wou vill Leit sech ophalen, ginn an enger gewësser Reegelméissegkeet kontrolléiert. Do hunn Experten déi néideg Pabeieren, fir eis ze soen, dass dat an der Rei ass.

*Ne faudrait-il pas opter pour des gardes champêtres professionnels? L'objectif visant à atteindre 15 agents municipaux est-il encore d'actualité? Le collège échevinal va-t-il recruter davantage d'agents?*

**ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)** *rétorque que la création des deux postes est liée justement à l'étude. Il rappelle en outre qu'il n'y a qu'un seul garde champêtre s'occupant des questions de l'environnement et M. Bertinelli sait parfaitement pourquoi.*
*Celui-ci a cependant raison de dire que deux agents municipaux supplémentaires ne suffiront pas. Petit à petit, il faut en recruter davantage tout en sachant que cela aura des répercussions sur le budget ordinaire.*

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK)** *salue l'engagement d'un expert en arbres. À Differdange, beaucoup d'arbres ne sont pas en bonne santé. Gary Diderich a l'impression qu'on ne s'en occupe pas toujours bien. En été, on a installé un système pour retenir l'eau, mais cela n'a pas fonctionné pour tous les arbres.*
*Une personne suffira-t-elle pour s'occuper de tous les arbres? Gary Diderich espère que leur entretien sera plus efficace.*
*Il rappelle que l'année dernière, 110 arbres ont été plantés, ce qu'il salue expressément. Parfois, on a l'impression que la présence d'arbres est une normalité et que les arbres résistent à tout. Mais en fonction de leur âge et de leur espèce, ce n'est pas vrai.*

**TOM ULVELING (CSV)** *n'est pas d'accord avec M. Diderich. Le service jardinage contrôle régulièrement les arbres avec un expert et notamment les arbres dans le centre et les parcs. En effet, le collège échevinal est responsable d'éventuels incidents. Mais bien entendu, un expert travaillant à la commune faciliterait la tâche.*
*La commune ne peut pas contrôler tous les arbres de toutes les forêts. Mais les arbres sur les aires de jeux sont contrôlés régulièrement en compagnie d'experts.*

**GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG)** *précise que l'expert en question ne va pas tailler tous les arbres lui-même. Le service jardinage continuera à réaliser de nombreuses tâches. En cas de besoin, la Ville de Differdange recourra à des entreprises privées.*
*Le rôle de l'expert consistera à dresser un état des lieux et à réaliser une sorte de carte d'identité de tous les arbres et de leur entretien. Il mettra en place un plan pluriannuel.*
*Comme l'a dit M. Ulveling, la Ville de Differdange a souvent recours à des experts concernant la santé des arbres. Disposé d'un tel expert à la commune rendra tout plus facile.*
*Les 110 arbres mentionnés par M. Diderich ne suffisent pas. Le collège échevinal veut en planter beaucoup plus. C'est pourquoi il est important de créer ce poste.*

**FRÄNZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG)** *se réjouit de la création d'un service arbres coopérant étroitement avec le service jardinage et le service écologique. La commission de l'environnement exige depuis longtemps que l'on assure le suivi et l'entretien des arbres nouvellement plantés. Le nombre d'arbres augmente dans la ville et des investissements sont nécessaires. Cela commence par exemple lorsqu'on construit une nouvelle rue. La zone réservée aux racines des arbres doit être suffisamment grande pour que ceux-ci puissent survivre plus de quelques années.*
*Le suivi des arbres et la collaboration entre les différents services doivent s'améliorer à l'avenir.*

**JERRY HARTUNG (CSV)** *constate que la commune croît et que par conséquent il faut recruter du personnel pour assurer tous les services. En tant qu'ancien président de la commission de la circulation, il se souvient que l'on critiquait souvent le manque d'agents municipaux. Le stationnement résidentiel a été élargi. Les agents ont de nouvelles tâches, comme veiller à la propreté de la ville. C'est pourquoi Jerry Hartung est content du recrutement de deux personnes.*

**ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)** *ajoute que l'expert pourra ausser un état des lieux ...*

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Merci.

Här Liesch.

**SCHÄFFE GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG):**

Ech wollt nach just präziséieren, dass dee Mann oder déi Fra herno net wäert all eis Beem schneiden an ënnerhalen. Dat ass net de But. Et ass esou, dass eise Service jardinage nach ëmmer do ass an dass ganz vill Aarbechte wäerte vun eise Leit am Service jardinage gemaach ginn. A wa ganz speziell Saachen ze maache sinn, huele mer och nach Recours op Firmaen, fir a gewëssenen Héichten Aarbechten ze maachen, wou mer net equipéiert sinn.

Hei geet et drëm, e Posten ze schafe vun engem, deen eis e Plang opstellt iwwer all eis Beem an der Gemeng, fir éischtens emol en Inventaire ze maache souwéi eng Carte d'identité vun all Bam a wéi déi Bam-Fleeg iwwert d'Jore soll ausgesinn. E wäert also éischter esou e Méijoresplang opstellen, fir dass mer einfach e Fil rouge derduerch kréien.

Wéi den Här Ulveling gesot huet, brauche mer ganz oft Experten, déi eis e Rot ginn zum Gesondheetszoustand vun engem Bam. Wa mer deen in-house hunn, ass et natierlech extrem einfach, fir deen erbäizehuelen.

Mat deenen 110 Beem ass et nach net gedoen. Mir wäerten och an Zukunft nach Beem planzen. Mir wäerten nach Beem bäikréien. Soudass mer awer, mengen ech, dee Posten onbedéngt brauchen.

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Här Schwachtgen.

**FRÄNZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG):**

Ech wëll déi Saach begréissen, dass mer effektiv elo an d'Richtung vun enger Bam-Equipe ginn, déi mam Service jardinage wéi och mam Service écologique enk zesumme soll schaffen. Dat ass eng laangjäreg Fuerderung vun der Ëmweltkommissioun, fir dass mer eis notéieren, de Suivi an den Ënnerhalt vu frësch geplanzte Beem ze maachen, deen natierlech de Jardinage weider mécht. Mä dass mer einfach eng Kontroll driwwer hunn, wat wou passéiert.

Mir gesinn, dass dat ëmmer méi wichteg gëtt, well mer ëmmer méi Beem an d'Stadbild kréien. An do ass eben e gewëssenen Invest, deen een do muss maachen. D'Neiuplanzung vu Beem geet scho beim Bau vun der Strooss un, dass d'Bamschuel an de Wuerzelberäich am Fong grouss genuch sinn, fir dass dee Bam iwwerhaapt ka méi wéi fënnef Joer iwwerliewen an net verdréchent.

De Suivi an de Link zwëschen deene verschiddene Servicer soll domadder besser fonctionnéieren an Zukunft.

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Merci.

Här Hartung.

**JERRY HARTUNG (CSV):**

Dir Dammen an Dir Hären, d'Gemeng wiisst. Dat bréngt natierlech mat sech, datt mer musse Personal opstocken, fir datt eis Servicer gutt fonctionnéieren. Ebe souwuel fir d'Ëmwelt wéi fir den Déngscht um Bierger ze gewärleeschten.

Als fréiere President vun der Verkéierskommissioun, goufe mer oft drop ugeschwat, datt mer net genuch sougenannte Pecherten hätten. De Parking résidentiel gouf, Gott sei Dank, ëmmer weider ausgeweit. An d'Agent-municipauxe kruten nei Aufgaben, wéi zum Beispill opzepassen, datt eis Stad propper bleift. Dat bréngt natierlech mat sech, datt mer do och Personal brauchen. Dofir si mer ganz besonnesch frou, datt zwee nei Leit agestallt ginn.

Merci.

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Merci och.

Déi Persoun kéint dann och e Bam-Kadaster opsetzen, wat mer scho jorelaang froen.

Da géife mer zum Vott kommen.

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver les créations de postes au sein de l'organigramme du personnel communal.*

Villmools Merci.

De siwente Punkt ass um Ordre du jour, well eise laangjärege Member a President, den Dokter Mangen, leider, muss ech soen, de Conseil huet musse verloossen, well en an de Schäfferot, Gott sei Dank, komm ass. Esou kann en natierlech net méi déi Charge als President iwwerhuelen, well en eben net méi am Conseil däerf sinn.

Mir haten en Opruff gemaach. Et si Kandidaturen erakomm. Mir géifen d'Madamm Brassel-Rausch proposéieren, wann der domadder averstane sidd.

(Ënnerbriechung duerch den Här Diderich)

Ech hunn dat mam Sekretär beschwat. Mir wollten dat handhabe wéi eng Kommissioun. Mä et hätt een et och kéinten an der Netëffentlecher maachen.

(Ënerbriechung duerch den Här Diderich)

Ech gesinn dat och esou. Mir maachen dat an Zukunft an der Netëffentlecher.

*Le conseil communal décide avec 17 voix de nommer M$^{me}$ Christiane Brassel-Rausch comme membre du conseil d'administration de l'office social de Differdange.*

Den nächste Punkt ass eng kleng Adaptatioun vun de Präisser am Sproochecours. Dir gesitt, datt net terribel grouss Spréng gemaach ginn. Op Propositioun vun der Responsabel vun de Sproochecoursen, géife mer eng kleng Adaptatioun vun de Leit froen, déi an d'Sproochecourse ginn.

Kënne mer zum Vott kommen?

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver l'adaptation des indemnités des chargés des cours de langues.*

Den nächste Punkt sinn d'Reglementer. Här Liesch, ech géif Iech jo gär d'Wuert ginn, wann Der prett sidd. Ech gesinn, Dir sidd am Gaang ze sichen.

**SCHÄFFE GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG):**

Ech sinn am Gaang ze sichen.

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Hien ass nei.

**GEMENGESEKRETÄR HENRI KRECKÉ:**

E gëtt nach net eens.

**SCHÄFFE GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG):**

D'Règlements temporaires de circulation. Et sinn der net ganz vill. Et sinn der e puer, wou geliwwert gouf. Notamment an der rue Belair, wou eppes gebaut ginn ass.

Et sinn déi üüblech Règlementations de circulation, déi mer jo ëmmer d'urgence huelen an dann nodréiglech am Gemengerot stëmmen.

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Villmools Merci.

Här Altmeisch.

*si mettre en place un cadastre des arbres.*
*(Vote)*
*Roberto Traversini passe au point 7. Le docteur Mangen a dû quitter son poste au sein du conseil d'administration de l'office social lorsqu'il est devenu échevin. Un appel a été lancé. Le collège échevinal propose M$^{me}$ Brassel-Rausch.*
*(Interruption de M. Diderich)*
*Roberto Traversini en a discuté avec le secrétaire et a décidé de traiter ce point comme s'il s'agissait d'une commission. Mais il aurait aussi pu être traité à huis clos.*
*(Interruption de M. Diderich)*
*Roberto Traversini est du même avis. À l'avenir, ce type de points sera traité à huis clos.*
*(Vote)*
*Roberto Traversini passe à une légère adaptation des prix des cours de langue sur proposition de la responsable.*
*(Vote)*
*Roberto Traversini passe aux règlements et cède la parole à M. Liesch.*

**GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG)** *est en train de les chercher.*

**ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)** *plaisante sur le fait que M. Liesch est un petit nouveau.*

**HENRI KRECKÉ (SECRÉTAIRE COMMUNAL)** *ajoute qu'il ne s'en sort pas.*

**GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG)** *explique qu'il n'y a pas beaucoup de règlements temporaires de circulation cette fois-ci. Il en mentionne un dans la rue Belair.*
*Il rappelle que ces règlements sont pris d'urgence et qu'ils sont approuvés par la suite.*

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *a une question concernant les règlements d'urgence et la situation sur les routes differdangeoises.*
*L'étude sur la circulation est intéressante. Il est prévu de consulter davantage la commission de la circulation. Mais malheureusement, celle-ci s'est réunie pour la dernière fois le 15 juin 2017. Si on peut s'en passer pendant six mois, c'est qu'on n'en a pas besoin.*
*Les besoins des citoyens sont communiqués aux commissions qui les passent ensuite aux autres instances. La Ville de Differdange ne peut pas se permettre d'avoir une commission de la circulation tous les six mois. C'est ce qui explique que l'on déplace un arrêt de bus, mais pas l'abri qui va avec. Et les gens doivent attendre dans la neige. Lors de l'introduction du stationnement résidentiel dans le Fousbann, la commune a placé une signalisation. Mais les gens ne savent pas comment fonctionne le système des vignettes. Dans d'autres quartiers, des dépliants ont été distribués dans les boites aux lettres, mais pas au Fousbann. C'est triste.*
*Guy Altmeisch est d'avis que toutes ces situations ne se présenteraient pas si la commission de la circulation se réunissait plus souvent. Ces dossiers doivent être suivis de manière plus efficace.*

**ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)** *n'est pas d'accord. Toutes les semaines, les services communaux concernés se réunissent. Ce n'est donc pas comme si rien ne se passait depuis des mois.*
*Il est vrai que la commission de la circulation devrait se voir plus souvent. Mais à la commune, une réunion a lieu tous les lundis.*
*Bien entendu, on peut demander l'avis de la commission sur les différents dossiers. Il est vrai aussi que la commission devrait se réunir plus souvent. Mais dire que rien n'a été fait concernant la circulation pendant six mois est faux.*

**FRED BERTINELLI (LSAP)** *a une suggestion pour M. Liesch. Le chantier en face d'Auchan est dangereux. En effet, en direction d'Oberkorn, il y a un grillage recouvert d'un tissu. Le passage pour piétons juste derrière*

**GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Här Buergermeeschter.

Eng Saach wollt ech uschwätzen am Zesummenhang mat deene ganzen Drénglechkeetsreglementer an der Verkéierssituatioun an der Stad Déifferdeng.

Mir maache Verkéiersetüden – eng ganz interessant Saach – a mir hunn eng Verkéierskommissioun, wat och eng interessant Saach ass, wou mer eis jo virgeholl hunn, déi méi ze consultéieren.

Da muss ech awer leider feststellen, dass mer déi lescht Versammlung vun der Verkéierskommissioun de 15. Juni 2017 haten. Dat ass schlecht. Mir musse méi um Ball bleiwen. Wa mer eis kënnen erlaben, sechs Méint ouni Verkéierskommissioun auszekommen, brauche mer keng. Dat ass einfach e schlechten Zoustand an e schlechten Ëmstand.

Et ass an deene Kommissiounen, wou d'Besoine vun de Leit a vun de Bierger un de President erugedroe ginn an da weider an déi zoustänneg Instanze geleet ginn. Ech mengen, dat kënne mir eis als Stad Déifferdeng net erlaben.

Da komme mer op eemol a Situatiounen, wéi mer se elo an der Gemeng begéinen. Mir réckele Bus-Arrêten, mä mir vergiessen den Abris mat ze réckelen. Dat heescht, mir réckelen d'Leit an de Schnéi an an de Stuerm. An den Abris steet eleng do. Dat si Situatiounen, déi einfach net däerfen entstoen.

Eng aner Situatioun, wéi mer déi lescht Phas vum Parking résidentiel um Fousbann agefouert hunn: Mir stelle Schëlter dohinner. D'Leit gesinn déi Schëlter, mä wëssen net richteg, wéi dat geet mat de Vignetten. An dat, och an deenen anere Quartieren an der Gemeng.

Et sinn Deplianten ausgedeelt ginn, wou d'Leit erkläert kritt hunn, wéi dat geet a wéi se sech eng Vignette kënnen uschafen. De Fousbann huet zum Deel keng esou Erklärungen an d'Boîte kritt, wat ech traureg fannen.

Mä dat si lauter Situatiounen, déi net géifen entstoen, wa mer reegelméisseg Sitzungen hätten an der Verkéierskommissioun. Ech wier frou, wa mer do méi Suivi kréichen a Relatioun mat deene Situatiounen, déi mer dobausse begéinen.

Ech soen Iech Merci.

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Merci.

Ech ginn Iech do awer net ganz Recht. All Woch fannen hei am Haus Versammlunge statt. Et gëtt ganz intensiv geschafft. Et ass net esou, wéi wann elo sechs Méint näischt geschitt wär.

Datt d'Verkéierskommissioun méi oft sollt zesummekommen, jo. Mä hei war vu Juni bis elo nach leschte Méindeg all Méindeg eng grouss Versammlung, wou déi Saache behandelt ginn.

Selbstverständlech kommen déi Saachen an d'Verkéierskommissioun, wou hiren Avis gefrot gëtt. Awer elo ze behaapten, datt während sechs Méint näischt an der Verkéierssituatioun zu Déifferdeng gemaach gi wär, well keng Verkéierskommissioun zesummegeruff ginn ass, sinn ech net mat Iech averstanen. Wou ech mat Iech averstane sinn, ass, datt et net méi esou laang däerf daueren, bis eng Kommissioun zesummekënnt.

Här Bertinelli.

**FRED BERTINELLI (LSAP):**

Ech hätt eng Ureegung un den Här Liesch.

Wat mer ganz geféierlech schéngt a wat mer elo schonn e puermol opgefall ass, ass déi Baustell beim Auchan. Wann der a Richtung Uewerkuer Richtung Déifferdeng Rondpoint fuert, si Gitteren. Déi sinn esou no um Foussgängernetz a se si mat Dicher iwwerdeckt. Wann hannendru Leit wëllen op de Foussgängersträife goen, gesäit een déi net, bis ee praktesch um Foussgängersträife steet. Wann een do einfach nëmme géif dat Duch ewechhuelen un deem Gitter, géifen d'Autosfuerer gesinn, wann een do wéilt iwwert den Zebrasträife goen.

Dat ass eng ganz geféierlech Situatioun. Well do kënnt ee mam Auto gefuer. Op

eemol steet een um Zebrasträifen, deen een net gesinn huet kommen. Do misst ee vläicht der Societéit soen – dat ass zwar eng Reklamm –, datt se déi erofhuelen, datt een d'Foussgänger gesäit, wa se bei den Zebrasträife ginn.

Ech soen Iech Merci.

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Merci fir d'Ureegungen.

Da kéinte mer elo zum Vott kommen.

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver les règlements temporaires de circulation.*

Merci.

Deen nächste Punkt sinn zwee Delegéierten, déi mer an d'Klimabündnis-Gemenge schécken. Dat wären den Här Liesch an den Här Schwachtgen. Wann der mat deenen zwee averstane wäert, géife mer zum Vote kommen.

*Le conseil communal décide à l'unanimité de nommer M. Georges Liesch comme délégué et M. François Schwachtgen comme délégué suppléant au sein du «Klimabündnis Lëtzebuerg».*

Merci.

Mir kommen zu de Kommissiounen. Déi Lénk hunn eis eng kleng Ännerung eraginn. Den Adrien Krzyzaniak gëtt ersat duerch d'Sonja Scalesi. Sidd der domat averstanen?

Da wäre mer bei der Commission consultative d'intégration. Do hate mer jo en Opruff gemaach. Do hate sech 13 Leit gemellt. Déi alleguer hate mer d'lescht Woch gesinn an enger Versammlung, wou mat hinne geschwat ginn ass, wéi si d'Saache gesinn.

Et muss ee soen, datt et ganz interessant an engagéiert Bierger a Biergerinne sinn. D'Gesetz erlaabt eis, e Minimum vun zwielef. Mir wollten, datt et wéinstens 50% ouni Parteikaart sollte sinn. Mir géife virschloen, déi 13 ze huelen. An do net een auszeschléissen. Wann der domat averstane sidd?

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver la nomination de membres non politiques de la commission de l'intégration.*

Eng Fro an der Publique? Ech hat dat net matkritt. Här Bertinelli.

**FRED BERTINELLI (LSAP):**

Här Buergermeeschter, léif Kolleegen a Kolleeginnen, ech hunn eng Fro iwwer eppes, wat ech oft dobausse gefrot ginn. Fir vläicht Kloerheet ze schafen an de Leit dobaussen ze soen, wou mer do als Gemeng stinn.

2016 huet eng vun eise Partnerstied e grousse Malheur gehat. Do war en Äerdbiewen zu Fiuminata. An am Oktober 2016 ass et dunn nach eng Kéier zu engem Nobiewe komm, wou ganz vill Leit, hiert Doheem verluer haten.

D'Gemeng Déifferdeng hat ganz schnell reagéiert an eng Sammelaktioun gestart mat eiser Populatioun, mat de Sportsveräiner an den Associatiounen. Och d'Gemeng selwer huet Suen zur Verfügung gestallt, wou eng grouss Zomm dobäi erauskomm ass. Virgesi war zu deem Zäitpunkt deene Leit, déi net méi an hir Haiser zréck konnten, well déi Haiser baufälleg waren an dat vill ze vill geféierlech gewiescht wier, fir deene Leit e Chalet aus Holz ze bauen, fir hinnen am Wanter en Ënnerdaach ze bidden.

Ech weess, dass et e relativ schwéiere Parcours war, fir mat der Gemeng vu Fiuminata eens ze ginn. Ech hat de Buergermeeschter schonn eng Kéier an engem Schäfferot drop ugeschwat.

Ech gi ganz oft dobausse gefrot, aus deem einfache Grond, well ganz vill Leit vill Geld ginn hunn an och vill Leit vun Déifferdeng vu Fiuminata sinn. Si froe mech ëmmer: Wéi ass et do? Ass

*est difficile à voir. Si on enlevait le tissu, ce serait plus facile.*
*La situation est dangereuse, car les automobilistes n'arrivent pas à voir les piétons. L'entreprise devrait enlever ce tissu même s'il s'agit d'une réclame.*
*(Vote)*

**ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)** *passe aux deux délégués de Differdange auprès des communes du pacte climat. Il s'agit de M. Liesch et de M. Schwachtgen.*
*(Vote)*
*Roberto Traversini passe aux commissions. Pour déi Lénk, M. Adrien Krzyzaniak est remplacé par Mme Sonja Scalesi.*
*(Vote)*
*Roberto Traversini passe à la commission de l'intégration. La commune a lancé un appel et a reçu 13 demandes. Ces personnes ont été reçues la semaine dernière.*
*Il s'agit de citoyens engagés. Le collège échevinal voulait qu'au moins la moitié des membres ne fassent pas partie de partis politiques. Il propose d'accepter les 13 candidatures.*
*(Vote)*
*Roberto Traversini passe aux questions et cède la parole à M. Bertinelli.*

**FRED BERTINELLI (LSAP)** *souhaite aborder une question au sujet de laquelle les gens l'interpellent souvent.*
*En 2016, la ville jumelée de Differdange Fiuminata a été frappée par un tremblement de terre. De nombreuses personnes ont perdu leurs maisons.*
*La Ville de Differdange a réagi rapidement et a organisé une collecte de dons. Une somme importante a été réunie. L'idée consistait à construire un grand chalet en bois pour que les victimes puissent passer l'hiver à l'abri.*
*Fred Bertinelli sait qu'il n'a pas été facile de s'entendre avec la commune de Fiuminata. Mais comme de nombreux Differdangeois sont originaires de Fiuminata et qu'ils ont donné beaucoup d'argent, ils veulent savoir ce qui a été fait. Fred Bertinelli leur a promis de poser la question au bourgmestre, qui s'est*

*occupé plus spécifiquement de ce dossier.*
*Le chalet sera-t-il construit? Que va-t-il se passer avec l'argent? Fred Bertinelli profite de l'occasion pour remercier tous les donateurs.*

**ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)**
*répond que depuis deux ou trois semaines, il n'a plus de nouvelles de la commune de Fiuminata.*
*Il était effectivement prévu d'acheter un chalet coutant entre 110 000 € et 120 000 €. Cet argent devait être versé par tranches au fur et à mesure que les travaux avançaient.*
*Il y a deux ou trois semaines, Fiuminata a informé la Ville de Differdange qu'une signature était nécessaire pour pouvoir entamer les travaux. Cela signifie donc que Fiuminata n'a pas fait grand-chose jusqu'à maintenant.*
*L'argent se trouve auprès du receveur et non dans une enveloppe.*
*(Rires)*
*L'argent est comptabilisé comme il faut. Le chalet devrait être construit bientôt. Fiuminata recevra l'argent au fur et à mesure moyennant une signature de leur bourgmestre. Roberto Traversini espère que le chalet sera construit dans deux ans lors du prochain voyage de Differdange à Fiuminata.*
*Il rappelle qu'une fête a aussi été organisée pour le Portugal et l'Espagne. La commune en a assuré la coordination. Sept-mille euros ont été récoltés. L'idée consiste à planter des arbres dans les régions frappées par les incendies.*
*Roberto Traversini clôture la séance publique.*

do eppes geschitt? Leeft do nach eppes oder geschitt do iwwerhaapt eppes? Ech hunn hinnen du geäntwert, ech géif déi Froe mat an de Gemengerot huelen an dem Här Buergermeeschter déi Froe stellen, well hie sech e bësse méi speziell mam Buergermeeschter vu Fiuminata zesummegesat hätt, fir méi Informatiounen ze kréien.

Ass dat um Lafen? Gëtt dee Chalet gebaut zu Fiuminata fir déi Leit, déi net méi an hir Haiser kënnen? Wat geschitt mat deene Suen, wou ech nach eng Kéier wëll alleguerten deene Leit an den Associatioune Merci soen, déi ganz vill Sue gespent hunn, fir deene Leit zu Fiuminata ze hëllefen? Wéi gi mer do virun? Wat ass bis elo geschitt? Wat wäert nach weider geschéien?

Merci.

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Bertinelli.

Et wier bal eng gestallte Fro, wann ee bedenkt, wat déi lescht zwou oder dräi Woche geschitt ass. Säit zwou oder dräi Wochen hu mer näischt méi vun eiser Partnerstad der Gemeng Fiuminata héieren.

Et war u sech mat hinnen ofgemaach, datt mer e Chalet géife bezuelen, deen tëschent 110.000 an 120.000 Euro géif kaschten. Datt mer d'Suen trancheweis géifen iwwerweisen, wéi d'Aarbechte virukommen. Déi missten natierlech ëmmer zertifiéiert gi vum Buergermeeschter vu Fiuminata.

Virun zwou oder dräi Woche krute mer e Bréif, datt si eng Ënnerschrëft vun eis bräichten, fir déi Aarbechten iwwerhaapt kënnen an Optrag ze ginn. Bis haut huet eis Partnergemeng net vill gemaach. Mir haten oft nogefrot. Mir haten och schonn, wéi Der gesot hutt, am Schäfferot driwwer geschwat, datt mer nogefrot hunn, wéi wäit se wieren. Déi Sue si bei eisem Receveur op der Bank.

(Gelaachs)

Déi sinn a kenger Enveloppe ze fannen. Déi si selbstverständlech esou gebucht ginn, wéi et soll gebucht ginn. Deemnächst wäert dann ugefaange ginn, dee Chalet ze bauen. Si wäerten trancheweis, wéi d'Aarbechte virukommen, d'Suen iwwerwise kréien, wann d'Ënnerschrëft vum Buergermeeschter vu Fiuminata drop ass. Dann hoffe mer, bei der nächster Rees, déi mer dohinner maachen an zwee Joer, datt de Chalet do steet.

Op alle Fall Merci fir déi Froen.

Ech wollt och nach eppes soen. Mir haten och e Fest, fir eis portugisesch a spuenesch Frënn organiséiert. Do si ronn 7.000 Euro zesummekomm. D'Veräiner si sech eens, déi do gehollef hunn. Mir hunn am Fong méi d'Koordinatioun gemaach. D'Iddi ass, fir a Portugal an a Spuenien Beem ze planzen an deene Regiounen, wou et gebrannt hat.

Elo musse mer just kucken, wéi mer dat maachen. D'Kontakter mussen hiergestallt ginn. Mir hunn déi Iddi op alle Fall extrem interessant fonnt, fir do Beem ze planzen. Déi Informatioun wollt ech iech nach ginn. Do si wäit iwwer 7.000 Euro gesammelt ginn.

Ech soen iech Merci. Ech wënschen iech heibannen an eise Bierger dobaussen elo scho schéi Feierdeeg. Mir ginn an déi netëffentlech Sitzung.

# ÉTAT CIVIL – NAISSANCES

| | | |
|---|---|---|
| DOS SANTOS CORDEIRO Lucyana | Esch-sur-Alzette | 02.11.2017 |
| BRESCIA Antonio | Luxembourg | 02.11.2017 |
| RAMA Adin | Esch-sur-Alzette | 05.11.2017 |
| JOVICIC VIKTOR Nathaniel | Luxembourg | 05.11.2017 |
| FORTES LIMA DE PINA COSTA Sophie | Esch-sur-Alzette | 06.11.2017 |
| FERNANDES FERREIRA Clara | Luxembourg | 07.11.2017 |
| CAROLINA SANGARE Ismael | Esch-sur-Alzette | 08.11.2017 |
| LAERA Cristian | Luxembourg | 09.11.2017 |
| SCARFO Giuseppe | Luxembourg | 12.11.2017 |
| DA LUZ Neyla | Luxembourg | 12.11.2017 |
| PRPIC Lina | Esch-sur-Alzette | 13.11.2017 |
| LATRAN Liam | Luxembourg | 15.11.2017 |
| MEDEIROS DE SOUSA Lucas | Esch-sur-Alzette | 15.11.2017 |
| DOSTERT Melody | Luxembourg | 16.11.2017 |
| MARTINS MAGALHÃES Lucas | Esch-sur-Alzette | 16.11.2017 |
| MUHAMMAD Rahman | Luxembourg | 17.11.2017 |
| SOUSA CAVACO Yara | Esch-sur-Alzette | 17.11.2017 |
| MEKIC Maida | Luxembourg | 19.11.2017 |
| PINTO SOEIRO Renato | Esch-sur-Alzette | 19.11.2017 |
| DA FONSECA FREITAS Adriana | Luxembourg | 19.11.2017 |
| BASTOS DE AZEVEDO Diego | Luxembourg | 22.11.2017 |
| MANDER TAVAN Fiona | Esch-sur-Alzette | 22.11.2017 |
| SOUIDI MOUHAMED Aziz | Luxembourg | 22.11.2017 |
| DOS SANTOS MARQUES Tomás | Luxembourg | 23.11.2017 |
| ALVES DE SOUSA Lara | Luxembourg | 24.11.2017 |
| SOUILMI Salim | Esch-sur-Alzette | 24.11.2017 |
| FERNANDES SANTOS Diego | Luxembourg | 25.11.2017 |
| FURFARO Aurora | Esch-sur-Alzette | 25.11.2017 |
| HASSANE HAMIDOU Aïda Hawa | Luxembourg | 27.11.2017 |
| HAMADENE Alicia | Esch-sur-Alzette | 28.11.2017 |
| RINCK Dana | Esch-sur-Alzette | 28.11.2017 |
| PACARIZ Daris | Esch-sur-Alzette | 28.11.2017 |
| DE ANDRADE MALHEIRO Nathan | Esch-sur-Alzette | 29.11.2017 |
| WILMES TEIXEIRA Alessia | Luxembourg | 29.11.2017 |
| PALUMBO Andre Giovanni | Luxembourg | 29.11.2017 |
| LOCATELLI WELTER Mia | Esch-sur-Alzette | 29.11.2017 |

# ÉTAT CIVIL – DÉCÈS

| | | |
|---|---|---|
| STRAUSS Nicolas Jean, ép. de TALHAOUI Fatna | Esch-sur-Alzette | 24.10.2017 |
| BREDIMUS Jeanne Marie, vve de KINSCH Raimund Nikolas | Esch-sur-Akzette | 29.10.2017 |
| DIDIER Anni-Marria, vve SCHUSTER Fernand | Dudelange | 03.11.2017 |
| NITSCHKÉ Lilly-Françoise, vve BERLO Ernest Jean | Esch-sur-Alzette | 03.11.2017 |
| BARBOSA Ribeiro Marlene Clementina | Esch-sur-Alzette | 04.11.2017 |
| ANTINORI Josephine Anne, ép. STOLTZ Robert | Perl, Allemagne | 04.11.2017 |
| TENNINA Vardina, vve KURTZ Georges Julien | Dudelange | 04.11.2017 |
| MUH Marie-Thérèse, ép. DEL BOCCIO Enio | Niederkorn | 04.11.2017 |
| ANDRESINI Marino, ép. de LAERA Rosaria Catherina | Luxembourg | 04.11.2017 |
| GIRTGEN Marie Louise, vve de WAGNER Théodore | Niederkorn | 06.11.2017 |
| BLEY Nadine | Niederkorn | 06.11.2017 |
| DOS SANTOS Fernandes Paulino | Differdange | 13.11.2017 |
| ZEIMES Susanna, vve KOHN Mathias Johann Peter | Niederkorn | 06.11.2017 |
| BAUSCH Irène, vve de SCHÖNTGEN Jean | Esch-sur-Alzette | 15.11.2017 |
| SPECCHIO Nina Lisa, vve de SCHUG Raymond | Esch-sur-Alzette | 17.11.2017 |
| RUPPERT Jean Léon Joseph, ép. de SCHAACK Elisabeth Anne | Esch-sur-Alzette | 21.11.2017 |
| DO ROSÁRIO MARTINS António Augusto | Esch-sur-Alzette | 23.11.2017 |
| DE GIRARDI Norbert Marie Angelo, ép. de LALLEMANG Maria-Anna | Niederkorn | 24.11.2017 |
| DE SOUSA ARAÚJO Domingos, ép. de DA ROCHA RODRIGUES Rosa | Braga, Portugal | 25.11.2017 |
| FONZI Natale, ép. de DI GIUSEPPE Santina | Niederkorn | 26.11.2017 |

# ÉTAT CIVIL – MARIAGES

| | |
|---|---|
| KOHN François Albert & MANAZZON Carmen Miranda | 11.11.2017 |
| PINTO DE QUEIROZ Luís Carlos & FLAMMANG Tatjana | 11.11.2017 |
| CARVALHO BRAS Fabio Manuel & DUARTE MORIM Cátia Sofia | 24.11.2017 |

CENTRE CULTUREL RÉGIONAL
AALT
STADHAUS
Differdange

jouer
communiquer
vibrer
rêver
bouquiner

# KABARET PEFFERMILL(CH)EN

## ...AN UM ENN OCH NACH E BUCH!

**7. MÄERZ 2018**
**20H00 | 10 €**

TICKETS:
WWW.LUXEMBOURG-TICKET.LU
WWW.TICKETREGIONAL.LU
**WWW.STADHAUS.LU**



CENTRE CULTUREL RÉGIONAL
AALT
STADHAUS
Differdange

jouer
communiquer
vibrer
rêver
bouquiner

Centaure, Chat-Man, Spartiate Prod et Tcholélé presentent

# DONEL
## JACK'SMAN

"On ne se connait pas
on ne se juge pas"



## 24 MARS 2018
20H30 | 25 €

TICKETS:
WWW.LUXEMBOURG-TICKET.LU
WWW.TICKETREGIONAL.LU

WWW.STADHAUS.LU

Centre culturel régional «Aalt Stadhaus» Differdange / 38, av. Charlotte / L-4530 Differdange / +352 58 77 1-1900